ACTIOUN
LËTZEBUERGESCH

EIS SPROOCH

joen, sinn, soen, üben, ahnen, baken, bauen, béien, boxen, droen, duzen, knaen, lafen, leeën, leien, léien, méien, molen, néien, paken, ploen, roden, robillen, bitzen, blären, bléien, blosen, botzen, broden, buchen, dämpen, danzen, en, fëllen, fëmmen, filmen, fléien, freien, fueren, gëllen, gënnen, gesinn, hänken, huelen, ierwen, iessen, impfen, jäizen, jauwen, jicken, kachen, katzen, kennen, krazen, kréien, kucken, landen, lauden, lecken, leeden, löften, leiden, léinen, léismotzen, muelen, mussen, nammen, nätzen, neelen, nennen, nerven, normen, chen, pennen, picken, pisnen, reesen, reiden, richen, rieden, rolzen, sichen, sollen, spären, statippen, trauen, turnen, sen, wetten, wielen, wulzielen, zillen, zucken, bleiwen, bludden, bremen, dreemen, dréinen, dreiwen, drénken, drëpsen, flécken, fléiwen, fuerzen, gaapsen, gecksen, gefalen, geheien, sen, gruewen, haassen, héieren, kämpfen, kierzen, klammen, klappen, laachen, läschen, leieren, léieren, loossen, maachen, mëschen, mierken, teren, préiwen, prosten, prouwen, rechnen, réieren, rëselen, schalen, schloen, spueren, spullen, starten, staunen, stëbsen, stellen, stëllen, stëmmen, st énken, stisoen, vrecken, waarden, wäerten, wäschen, wichsen, wierken, wiermen, afen, ginn, goen, haen, hunn, joen, sinn, soen, üben, ahnen, len, hexen, kafen, kloen, knaen, lafen, leeën, leien, léien, tuten, weien, zéien, bidden, den, buchen, dämpen, danen, feelen, fëllen, fëmmen, filheelen, hetzen, hëtzen, hickimpfen, jäizen, jauwen, jicken, klaken, klapen, klären, lauden, lecken, leeden, löften, en, maulen, meiden, mellen, neelen, nennen, nerven, pen, raumen, reepassen, pechen, pennen, rieden, rolzen, rotzen, ruffen, nen, reesen, reiden, reimen, surfen, tanken, téinen, téinen, rullen, sangen, saufen, seetesten, tippen, tippen, traufen, wëssen, wetten, wielen, wullen, wunnen, zappen, feren, änneren, bäissen, béchsen, beléien, beroden, däerfen, daueren, drécken, dreemen, dréinen, dreiwen, drénken, flécken, fléiwen, fuerzen, gaapsen, gecksen, gefalen, geheien, géissen, héieren, kämpfen, kierzen, klammen, klappen, kleeden, klemmen, kléngen, maachen, mëschen, mierken, moossen, nujelen, plangen, planzen, platzen, rëselen, schalen, schloen, seechen, spälzen, spannen, spenden, stellen, stëllen, stëmmen, sténken, stielen, stoppen, strofen, waarden, wäerten, wäschen, wichsen, wierkzwéngen, äntweren,

afen, ginn, goen, haen, hunn, falen, froen, halen, hexen, kafen, kloen, den, seeën, stoen, tuten, weien, zéien, bidden, bieden, deefen, denken, dréien, dulden, fänken, fannen, fécken, feelheelen, hetzen, hëtzen, hicken, hidden, hiewen, hippen, hoffen, kënnen, këssen, kieren, kiffen, klaken, klapen, klären, klauen, kommen, en, liesen, liewen, lounen, lueden, luewen, maulen, meiden, mellen, mengen, notzen, ochsen, ootmen, packen, päifen, parken, passen, pesen, plouen, quälen, räifen, räifen, rappen, raumen, reereimen, reiwen, reizen, réngen, rennen, rënnen, retten, rotzen, ruffen, rullen, sangen, saufen, seenen, sëtzen, men, steeën, surfen, tanken, téinen, téinen, testen, tippen, wannen, warnen, weisen, wëllen, wénken, werfen, wësen, zécken, zeemen, zëssen, afferen, änneren, bäissen, béchsen, beléien, beroden, sen, bréngen, brennen, chatten, daueren, dréckerlaben, fäerten, feieren, féieren, fëschen, fierwen, géissen, geroden, gleewen, gräifen, grënnen, grillen, grinkleeden, klemmen, kléngen, klicken, knäipen, knécken, moossen, nujelen, plangen, planzen, platzen, plécken, poseechen, spälzen, spannen, spenden, spieren, spillen, elen, stoppen, strofen, trëllen, trennen, trieden, uelegen, verwuessen, zischen, zwaffen, zwéngen, äntweren, babbelen, baken, bauen, béien, boxen, droen, duzen, falen, froen, haméien, molen, néien, paken, ploen, roden, roden, seeën, bieden, billen, bitzen, blären, bléien, blosen, botzen, brozen, deefen, denken, dréien, dulden, fänken, fannen, féckmen, fléien, freien, fueren, gëlen, hidden, hiewen, hippen, gënnen, gesinn, hänken, hoffen, huelen, ierwen, iessen, en, kachen, katzen, kennen, kënnen, këssen, kieren, kiffklauen, kommen, krazen, kréien, kucken, landen, leiden, léinen, léisen, liesen, liewen, lounen, lueden, luewmengen, motzen, muelen, mussen, nammen, nätzen, normen, notzen, ochsen, ootmen, packen, päifen, parken, picken, pissen, plouen, quälen, räifen, räifen, rapreiwen, reizen, réngen, rennen, rënnen, retten, richen, nen, sëtzen, sichen, sollen, spären, stamen, steeën, en, turnen, wannen, warnen, weisen, wëllen, wénken, werzecken, zécken, zeemen, zës-sen, zielen, zillen, zucken, afbleiwen, bludden, bremsen, bréngen, brennen, chatten, drëpsen, erlaben, fäerten, feier-en, féieren, fëschen, fierwen, geroden, gleewen, gräifen, grënnen, grillen, grinsen, gruewen, haassen, klicken, knäipen, knécken, laachen, läschen, leieren, léieren, loossen, plécken, poteren, préiwen, prosten, prouwen, rechnen, réieren, spieren, spillen, spueren, spullen, starten, staunen, stëbsen, trëllen, trennen, trieden, uelegen, versoen, vrecken, en, wiermen, wuessen, zischen, zwaffen, babbelen, lafen, leeën, leien

Joer
fir eis Sprooch!

1971-2021

Verlag: *Actioun Lëtzebuergesch (AL) a.s.b.l. - www.letzebuergesch.lu*
Editeur: *AL Comité: Claude BACHE (President),*
Lex ROTH (Vize-President), Patrick KAELL (Sekretär),
Tom WEIDIG (Tresorier), Mariette ATTEN-HAAG,
Patrick EHLERINGER, Alexis KLEIN, Clara MORARU,
Suzette SCHMIT-LEHNERTZ, Jean-André STAMMET,
Vic WEBER, François ZEIEN
Leedung vum Projet: *Tom WEIDIG*
Entworf an Drock: *Philippe JENTGEN*

© 2021

ISBN 978-2-9199629-1-4

Inhalt

Message vum Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch	6
Virwuert vum President	7
Grënnungspresident Lex Roth: Firwat net dovu schwätzen?	8
D'Sproochgesellschafte virun der Actioun Lëtzebuergesch	10
Goldstécker aus 50 Joer Actioun Lëtzebuergesch	13
Éiere-Plaquette DICKS-RODANGE-LENTZ	22
250 Klacke fir eis Sprooch	24
50 Joer Publikatiounen	28
Rezent Aktivitéiten	30
Eis Sprooch als Bäitrag fir d'Lëtzebuerger Kultur	34
Aussprooch gutt - villes gutt!	53
De Reenert Kulturwee zu Wolz	56
D'Zukunft vum Lëtzebuergeschen	60

Message vum Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch

50 Joer a keen Dibbelche gëeelzt!

Foto: Patrik Bitomsky, MENJE

Et ass e schéine Gebuertsdag, dëse fofzegste vun der Actioun Lëtzebuergesch; et ass derwäert ze feieren an un hir Meritten ze erënneren.

Datt hautdesdaags offiziell Lëtzebuergesch d'Sprooch vun onsem Land ass, dozou huet d'Actioun Lëtzebuergesch e groussen Deel bäigedroen. Laang Zäit haten d'Lëtzebuerger selwer net vun enger lëtzebuergescher Sprooch geschwat, mee vun onsem Däitsch. Nom Zweete Weltkrich war dat anescht. Virun allem ass Lëtzebuergesch ëmmer méi an der Chamber geschwat ginn, amplaz wéi virdru Franséisch.

Dat hat wéineg Impakt bei de Leit, déi zwar Lëtzebuergesch geschwat, awer net schrëftlech benotzt hunn. D'Actioun Lëtzebuergesch huet de Leit d'Virlage prett geliwwert, fir kënnen Invitatiounen an Doudesannoncen an onser Sprooch ze schreiwen. Duerch si goufen och déi lëtzebuergesch Nimm vun den Uertschafte festgehalen an op d'Stroosseschëlter geschriwwen. Domat war de Grondstee geluecht fir d'Presenz vum geschriwwene Lëtzebuergeschen am Alldag.

D'Actioun Lëtzebuergesch hat ferm gedréckt, bis Lëtzebuergesch 1984 per Gesetz als Sprooch festgeschriwwe gouf, wat bis dohinner ni de Fall gewiescht war. Dat war e risege Schrëtt fir ons Sprooch.

An d'Actioun Lëtzebuergesch huet Coursen ausgeschafft an organiséiert, fir Lëtzebuergesch ze léieren, laang ier dat an de Schoule geschitt ass. Dat dréit haut seng Friichten, well d'Demande ass risegrouss, fir Lëtzebuergesch als Friemsprooch ze léieren, hei am Land a soss dohier.

Et ass zanter 2017 vill geschitt fir d'Lëtzebuerger Sprooch mat der Strategie fir d'Promotioun vum Lëtzebuergeschen vun der Regierung: e komplett Reegelwierk, vill Publicatiounen, nei Coursen am Lycée, ëmmer méi Offeren u Coursë fir erwuesse Leit, Konferenzen an Analysen. Déi zoustänneg Institutiounen an esouguer privat Initiativen hu villes virugefouert, dat d'Actioun Lëtzebuergesch ugefaangen hat.

Mee et klappt net alles, d'Promotioun vum Lëtzebuergesche gräift net iwwerall esou, wéi se sollt. Dofir brauche mer och an Zukunft de kritesche Bléck vun der Actioun Lëtzebuergesch an hir Kapazitéit, fir net nëmmen Defizitter ze gesinn a bekannt ze maachen, mee fir valabel Léisungen ze proposéieren.

Ganz vill Gléckwënsch, e Koup Felicitatiounen a Gratulatiounen un déi jonk gebliwwen Actioun Lëtzebuergesch, mam Wonsch, datt se ons erhale bleift.

Marc Barthelemy

Virwuert vum President

50 Joer Actioun Lëtzebuergesch – 50 Joer Asaz fir eis Sprooch

Wéi sech am November 1971 eng Rei Leit zesummegedoen hunn, fir d'„Actioun Lëtzebuergesch – Eis Sprooch" ze grënnen, hätt sécher kee vun hinne gewot och nëmmen drun ze denken, datt haut, 50 Joer méi spéit, déi AL nach ëmmer bestoe géif an datt si och weiderhi voll am Asaz wier fir d'Saach vum Lëtzebuergeschen.
Trotz verschiddenen Initiativen, déi sporadesch geholl gi waren, hat awer deemools eis Sprooch hir Plaz nach net an der Gesellschaft fonnt: Et goufe keng Schoulbicher op Lëtzebuergesch, keng Coursë fir Auslänner, keng Annoncen an den Zeitungen a kaum Bicher an eiser Sprooch … an natierlech och kee Gesetz, dat de Gebrauch vum Lëtzebuergesche gereegelt hätt.
Villes huet sech zënterhir gedoen. Eng ganz Rei vun deene Saache sinn haut selbstverständlech ginn, denke mir nëmmen un d'Sproochcoursen, un déi sëllege Publikatiounen op Lëtzebuergesch, un eis Uertschafts- a Flouernimm. Als AL däerfe mir awer roueg soen, datt mir eng ganz Rëtsch, wann net esouguer dat meescht dovun, ugestëppelt hunn. Dank dem onermiddlechen Asaz vun enger ganzer Rei vu Comitésmemberen aus all deene Joeren, kënne mir haut houfreg op dat kucken, wat mir erreecht hunn. 50 Joer AL feieren, heescht awer net nëmmen no hanne kucken, op dat, wat erreecht gouf. Et ass fir äis haut och eng Verflichtung de Grënnungsmembere géintiwwer, no vir ze kucken a weiderhi „fir alles anzetrieden, wat lëtzebuergesch ass, apaart fir eis Sprooch" (Artikel 3 vun de Statuten). An do ass awer nach esou munneches op der Lee! Well trotz engem Commissaire an engem Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch, déi eng gutt Aarbecht maachen a mat deene mir selbstverständlech zesummeschaffen, trotz guddem Wëlle vun de politeschen Instanzen, trotz dem Engagement vun engem CPLL oder enger Uni Lëtzebuerg, kann d'Lëtzebuergescht fir d'Zukunft nëmmen ofgeséchert ginn, wa mir eis Sprooch och weiderhin op alle Gebidder héichhalen: an der Schoul, bei den Administratiounen, am Alldag, am Geschriwwenen an am Geschwatenen. An do brauch et och weiderhin ëmmer nees eng AL, déi net midd gëtt, do de Fanger op d'Wonn ze leeën, wou de Schong dréckt, an do Iddien ze lancéieren an Iwwerzeegungsaarbecht an der Gesellschaft ze leeschten, wou et fir eis Sprooch néideg ass.
Et ass kloer – an dat war ëmmer der AL hir Positioun –, datt eisen Asaz fir d'Lëtzebuergescht sech net géint déi aner Sprooche riicht, déi hei am Land geschriwwen a geschwat ginn. Mir kënnen houfreg drop sinn, datt déi meescht Leit e puer Sprooche schwätzen. Mä mir sollen awer och houfreg op eis Mammesprooch sinn an alles drusetzen, fir datt si déi Plaz an eiser Gesellschaft behält, déi si verdéngt huet, respektiv datt si déi Plaz kritt, déi hir zousteet.
Dofir hu mir äis an deene leschte 50 Joer agesat, an dat wëlle mir och an Zukunft maachen, net mam Briecheisen, mä andeems mir ëmmer erëm d'Hand reechen.

Claude Bache

Grënnungspresident Lex Roth: Firwat net dovu schwätzen?

D'Actioun Lëtzebuergesch kritt dann elo 50 Joer, ass also, wéi ee seet, am ‚beschten' Alter. Dat hänkt ower dovun of, vu wou een et kuckt a wéi een et gesäit.
Am allereinfachsten ass et, ze kucken/bedenken, wéi et 1971 mam Lëtzebuergeschen am Allgemengen ausgesinn huet, dann, wéi dat ‚Ganzt' evoluéiert huet.

Loosst mer emol mat deem ufänken, wat et an eiser Sprooch uganks vun de 70er Joeren NET oder souzesoen net ginn ass:

- An der Schoul guff et kee Buch fir eis Sprooch…déi ower als Fach op deer éischter Plaz an der Zensur stong!
- An der Kierch guff zwar dmeescht op Lëtzebuergesch gepriedegt, ower de ganze ‚Rescht' war op Latäin oder Däitsch.
- Dir wollt z.B. op ‚Soller/ Lëlz/ Heeschdrëf/ Habscht/ Käerjeng/ Bitscht' fueren, huet ower nëmme 'Sonlez/ Lulzhausen/ Heisdorf/ Hobscheid/ Bascharage/ Büderscheid' op de Schëlter fonnt.
- Am Telephonsbuch hutt dir net een eenzege lëtzebuergeschen Numm vun enger Uertschaft gesinn…
- Op äre Vakanzekaarte guff et praktescht nëmme ‚bien le bonjour'; ‚bonne année' stong zesoen op allen Neijooschkaarten.
- Fir d'Baschten hätt jo keen op enger Menüskaart eng Brittzopp fonnt… a vill konnten sech net zesummereimen, wat dann dee ‚Consommé Royal' soll sinn. Eng Menüskaart op Lëtzebuergesch? Dat guff et dach net; eng ‚Bouchée' krut een iwwerall, mä eng Paschtéitchen hat keng Chance.
- E lëtzebuergesche Flouernumm hat de Kadaster net ‚drop'.
- ‚um Knapp' war iwwerall ‚rue de la Montagne'
- Op eise Geldschäiner, den Timbren, dem Pass stong iwwerall ‚Luxembourg' .
- Den ‚Tout-Puissant' huet ‚à une meilleure vie' geruff… well och deen huet nëmme Franséisch, heiansdo Däitsch geschwat.

- D'Familljenannoncen: zu 95% op Franséisch/ Däitsch.
- Lëtzebuergesch Bicher konnt een op der Hand opzielen.
- Keen Auslänner hat eng Méiglechkeet, an engem Cours Lëtzebuergesch ze léieren.
- Et huet keen sech drëm bekëmmert, wat mam Lëtzebuergesche giff geschéien… et ass einfach alles (besonnesch am Radio an op der TV) luppe gelooss ginn.
- E Lieserbréif op Lëtzebuergesch?… a wann dir net gitt!
- Et huet praktesch keen sech ëm eis Sprooch ‚bei de Leit' bekëmmert.
- Dat offiziellt ‚Luxemburger Wörterbuch' war 1972 fäerdeg; vun 2000 Stéck waren der 5 Joer duerno… 150 verkaaft; no eiser Reklamm um ‚UKW/Kanal 18' war et an e puer Méint vergraff!
- D'Lëtzebuergescht ass a kengem ‚Arrêté', a scho guer net an engem Gesetz ernimmt ginn.
- Vun eiser Sprooch an der Bibel a fir d'Psalme keng Spur.
- An + + +

Eis Sprooch u sech, d'Lëtzebuergescht als Element vun eiser Identitéit; d'Lëtzebuergescht, dat mir den Nazien den 10. Oktober 1941 tocks-käppeg (an ënner Doudsgefor!) am ‚Referendum (Personenstands-aufnahme)' als EIS SPROOCH an d'Fratz gehäit hunn… dat war einfach, bis op en etlech klinzeg Alibi-Grimmelen, keen Thema. Et war keen ëmstand, e Bichelche fir d'Primärschoul ze maachen, wéi dat eefällegt Gestreits ëm Schreifweis (Margue-Feltes / Nik. Welter) lächerlech (mä och aremséileg) an de Ginz gaang war… an zugudderlescht doduerch esouguer dem Nik. Welter säi ‚Luxemburgisches und sein Schrifttum' net huet däerfen(!) erauskommen. D'Kand war praktesch, bis op e puer ‚wëssenschaftlech' Aarbechten, mat der Bidden ausgeschott ginn. Et huet einfach keen sech déi allermannst Suerg driwwer gemaach, wéi et dann ‚dobaussen' domat geng stoen a weider sollt goen. Gewëss: Mir haten direkt nom Krich aner Suerge wéi ‚Sproochmatesgeschichten', mä spéitstens ëm 1960 hätten eis intressant, gutt, fläisseg Leit sech ëm dee méi ‚populären' Deel vun eiser Heemechtssprooch missen hir Gedanke maachen.

Dat ass net geschitt… bis… dann iwwerleet emol den Ënnerscheed vun 1971 bis haut, an da fannt dir: d'ACTIOUN LËTZEBUERGESCH op allen Ecken an Ennen! Zënter ronn 50 Joer! Et war an ass net ëmmer einfach. Mä mir sinn net ‚stolz' dodrop… just e bëssen houfreg!

Sproochgesellschaften zu Lëtzebuerg (1845-1940)

En Extrait aus der Online Austellung, konzipéiert vum Claude Kremer fir de Centre national de littérature

SOCIÉTÉ POUR LA RECHERCHE ET LA CONSERVATION
DES MONUMENTS HISTORIQUES
DANS LE GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG,
CONSTITUÉE SOUS LE PATRONAGE
de Sa Majesté le Roi Grand-Duc,
PAR ARRÊTÉ, DATÉ DE WALFERDANGE, DU 2 SEPTEMBRE 1845.

Vun 1845 bis 1940

Déi lëtzebuergesch Sproochgeschichtsschreiwung kann een zum engen iwwert déi individuell Fuerscher erzielen, déi iwwert d'Jore wichteg Bäiträg fir d'Fuerschung geliwwert hunn, an zu aneren iwwert déi Associatiounen, an deenen si sech mat Gläichgesënnten ausgetosch hunn an zesumme fir d'Valoriséierung vun der Sprooch geschafft hunn. An dëser Online-Ausstellung vum Centre national de littérature gi fënnef Gesellschaften a Veräiner virgestallt, déi sech all op hir eege Manéier mat der Sprooch ausernaner gesat hunn.

Um Ufank steet den Institut Grand-ducal a säi Virgänger d'Société archéologique. Hiren Interessi gëllt niewent der Geschicht vum Land och den Dialekter vu sengen Awunner an si ënnerstëtzen an deem Kader fréi sproochwëssenschaftlech Studien. Um Enn vum 19. Joerhonnert gëtt de Veräin Ons Hémecht gegrënnt, deen sech besonnesch dofir asetzt, datt d'Lëtzebuergescht eng offiziell Orthografie kréie soll an deen eng wichteg Roll bei der Grënnung vun där éischter Dictionnaireskommissioun spillt. Am fréien 20. Joerhonnert kritt d'Beschäftegung mat der Sprooch duerch d'Nationalunio'n een nationalisteschen Ënnertoun. Trotz dëser Politiséierung spillt de Veräin duerch den Encouragement vu jonke Schrëftsteller eng wichteg Roll bei der Entwécklung vun der lëtzebuergesch-sproocheger Literatur. An der Tëschekrichszäit hunn sech d'Gemidder nees souwäit berouegt, datt eng wëssenschaftlech fundéiert Lëtzebuerger Sprooch-fuerschung entstoe kann. D'Luxemburger Sprach-

gesellschaft setzt sech déi enorm Aufgab fir ee komplett Wierderbuch vum Lëtzebuergeschen zesummenzestellen. Den Ofschloss mécht de Veräin D'Hémechtssprôch, deen sech als éischte Schréftstellerverband vun de lëtzebuergesch-schreiwenden Auteure gesinn huet an deen sech fir déi offiziell Unerkennung vum Lëtzebuergeschen als Landessprooch agesat huet.
Dës fënnef Veräiner erzielen d'Virgeschicht vun der Lëtzebuerger Sprooch a bereeden de Wee fir d'Entwécklunge vun der Nokrichszäit, vun de Veräiner Eis Sprooch an Action Lëtzebuergesch iwwert d'Sproochegesetz vun 1984 an dem Lëtzebuergeschen als Integratiounssprooch.



Zënter dem Zweete Weltkrich bis zur Actioun Lëtzebuergesch am Joer 1971

Den Zweete Weltkrich ass fir Lëtzebuerg an allen Hisiichten eng ganz aner Erfarung wéi den Éischte Weltkrich. Den nationalsozialistesche Besatzer ergräift eng ganz Partie Mesuren, déi sech speziell op d'Sproochesituatioun ze Lëtzebuerg bezéien. Dorënner sinn Ordonnancen iwwert de Gebrauch vum Däitschen, d'Andäitschung vu Vir- a Familljennimm, de Verbuet vu franséische Wierder an d'Verbuet vun net-däitsche Schréftzeechen. Am Oktober 1941 organiséieren déi Däitsch eng Personenstandsaufnahme, fir ze kucken, ob hir Propaganda gegraff huet. Entgéint den Erwaardunge vun deenen Däitschen äntweren d'Leit op d'Froen no der »Muttersprache«, der »Staatsangehörigkeit« an der »Volkszugehörigkeit« net mat »Deutsch«, mee mat »Lëtzebuergesch«. Op där anerer Säit setzt d'Exilregierung d'Lëtzebuergescht geziilt an, fir d'Lëtzebuerger moralesch ze ënnerstëtzen. Dozou zielen och déi lëtzebuergesch Radiosemissiounen op der BBC a besonnesch d'Riede vun der Grande-Duchesse Charlotte. Nom Krich erlieft d'Lëtzebuergescht eng kuerz Héichphase an där et och eng offiziell Schreifweis kritt, déi awer net gutt an der Bevëlkerung ukënnt.
Wéi d'Land Enn den 1940er Jore lues a lues mam Zweete Weltkrich ofgeschloss huet an nees eng gewëssen Normalitéit den Alldag bestëmmt, verléiert och d'Lëtzebuergescht am Grand Public nees u Bedeitung. Tëschent 1952 an 1962 versicht de Veräin



Eis Sprooch de Sujet vun der Sprooch an der Gesellschaft um Liewen ze halen, mee den Interessi ass net méi grouss genuch. Gläichzäiteg geet déi wëssenschaftlech Fuerschung all déi Jore weider an tëschent 1950 an 1978 erschéngt d'Luxemburger Wörterbuch. An den 1970er Jore dréint sech de Wand, och mat der Grënnung vun der Actioun Lëtzebuergesch, an d'Lëtzebuerger Sprooch ass spéitestens zënter dem Sproochegesetz vun 1984 ni méi aus der politescher a gesellschaftlecher Aktualitéit verschwonnen.


Commission du Dictionnaire
des Patois Luxembourgeois.

Luxembourg, le 26 décembre 1948.

ÉDUCATION NATIONALE
28 DEC. 1948
N°

Monsieur le Ministre,

https://sproochgesellschaften.literaturarchiv.lu/

Goldstécker aus 50 Joer Actioun Lëtzebuergesch



"Eis Sprooch"

Veräinsblaat fir alles, waat lëtzebuurgesch ass.

D'Memberen kréin et fir näischt. — D'Nummer kascht 10 fr.

Nr. 1. Ouschterdaag 1952.

Eis Sprooch ass wéi e Spackeldar, op die mer di schéinst Rouse praffe können.

Paul Eyschen.

Ons Sprooch.

De Lëtzebuurger Geescht leit brooch,
mir si blouss aarm, ma nét ons Sprooch!
Et gët kee Laut, deen d'Séil méi fänkt,
wéi d'Wuurt daat äis ons Mamm geschänkt!
Daat fléit vun Hiirz zu Hiirzensgrond;
jidwidereen huet daat emfond:
Wann hien am Drif, wänn et gegöllt,
da koum vu bannen et gequöllt,
an ouni schwéire Lexikon
haat hien dee richtgen Ausdrock schon.

Deem, deen a friemem Geescht blouss dänkt,
deem huet sii séch nii ganz geschänkt,
ma deen séch öm sii suergt a méit,
deem dengt sii freedég fréi a spéit
matt Léift, matt Houfert a Gescheck;
dofir, éch kommen nees drop zréck:
Mir si blouss aarm, ma net ons Sprooch,
de Lëtzebuurger Geescht leit brooch!

Peka.

1

1952: Tëschent 1952 an 1962 setzt sech de Veräin "Eis Sprooch" fir "alles, waat lëtzbuurgesch ass" an.



„journal"

OPRUFF

De 15te Februar 1971 si mer zu en etlech an der Stad zesummekomm an hunn ënnert dem Numm „ACTIOUN LËTZEBUERGESCH" eng Verénégong gegrënnt, déi sech fir alles asetze wëllt, wat vu Lëtzebuerger Aart as, apaart fir eis Sprooch, geschwat a geschriwwen.

Mir sin der Ménong, datt eppes misst gemaach gin, fir der Sprooch ze hëllefen géint dat Friemd, dat ëmmer méi dat gutt Lëtzebuergescht iwerdubbert an erdëmmelt.

Wann Der gär eng Hand upaakt, sidd Der wëllkom! Mir sin och bereet, mat anere Veräiner zesummenzeschaffen, déi dat selwecht wëlles hun ewéi mir.

Wann et Iech interesséiert, wire mer frou, wann Der Iech géift mellen. Dir héiert da vun äis.

Hei as fir de Moment eis Adress: ACTIOUN LËTZEBUERGESCH, 1, rue du Puits, Lëtzebuerg.

De provisoresche Comité:
H. RINNEN, Présedent; Ch. MALANÉ, Sekretär; R. FABER, Caissier; Membren: A. ATTEN, J. BERTRAND, Dr. Emile DUHR, J. GEVELINGER, G. GOEDERT, J.-P. HAMILIUS, Abbé J. JOST, L. LUDWIG, R. PHILIPPE, A. RATHS, Abbé A. RECKINGER, A. ROTH, E. SCHMIT, Dr. M. SCHROEDER, F. STEINBERG, L. UNDEN, F. WELTER.

Erofschneiden an eraschécken wann ech gelifft:
Ech interesséiere mech fir d'ACTIOUN LETZEBUERGESCH a ging gär vun Iech héiren.
Hei as méng Adress:

Numm a Virnumm: .....

.....

Beruff: .....

Uertschaft: .....

Strooss an No: .....

1971: Den Opruff vum provisoresche Comité, deen de 15. Februar 1971 zesumme komm ass, fir d'AL ze grënnen



ACTIOUN LETZEBUERGESCH

D' H a p v e r s a m m l o n g vun der ACTIOUN LETZEBUERGESCH as

e S A M S C H D E G, de 27. November 1971

em 3 Auer

um 1.Stack vum RESTAURANT POLE-NORD (bei der neier Bréck).

Mir ruffen Iech alleguer mat Iere Frënn a Bekannten dohinner, fir d'Actioun Lëtzebuergesch définitiv ze grënnen.

Hei de Programm:

1. Usprooch vum Prësedent
2. Rappor vum Secretaire
3. Rappor vum Caissier
4. Statuten
5. Programm fir fortun
6. Wiel vum neie Comité
7. Déclaratioun vun der Vereenegong "EIS SPROOCH"
8. Commissiounen
9. Verschiddenes

Wie sech fir an de Comité interesséiert, soll sech schréftlech bis virun der Versammlong gemellt hun.(ACTIOUN LETZEBUERGESCH, 1, Pëtzstrooss, Bounewég, oder gläich virun der Réunioun).

De provisoresche Comité.

CH. MALANE
Secretaire

H. RINNEN
Presedent

(Hei erofschneiden an aschécken oder virun der Réunioun ofgin)

ACTIOUN LETZEBUERGESCH
1, Pëtz-strooss
Bounewég

Ech setze mech op fir an de Comité.

Numm a Virnumm:_____

Adress: _____

Ennerschréft:_____

1971: De 27. November 1971 gëtt d'Actioun Lëtzebuergesch gegrënnt am Restaurant Pôle-Nord bei der neier Bréck.

Annoncen op lëtzebuergesch

Joer 1974 519
Joer 1975 861

\+ 342 oder 65,90 %

Verdeelong no de Familjefester

	Joer 1974	%	Joer 1975	%
Gebuurt	364	70,13	528	61,32
Daf	-	-	1	0,11
Houchzäit.....	63	12,14	152	17,66
sëlwer Houchzäit..	36	6,94	80	9,29
gëlden "	34	6,55	34	3,95
Verlobung.....	12	2,31	42	4,88
30. Houchzäitsdag..	1	0,19	1	0,11
35. "	1	0,19	4	0,46
40. "	5	0,96	11	1,28
45 "	-	-	1	0,11
Diamanten Houchz.	2	0,38	1	0,11
Rubin "	-	-	1	0,11
Eisen "	-	-	1	0,11
70. Gebuurtsdag	-	-	1	0,11
80. "	-	-	1	0,11
85. "	-	-	1	0,11
88. "	1	0,19	--	-
90. "	-	-	1	0,11
Zesummen.....	519		861	

1976: An den éischte Joeren huet d'AL jidderengem perséinlech geschriwwen, deen eng Annonce op Lëtzebuergesch an der Zeitung gemaach huet (an de Joeren 1974 an 1975 goufen am ganzen 1380 Bäileedskaarten oder Komplimenter op Lëtzebuergesch verschéckt, wéi et aus enger Statistik aus dem Joer 1976 ervirgeet).

ACTIOUN LËTZEBUERGESCH EIS SPROOCH

- Association sans but lucratif

Tëschent denen, déi hei ënnerschriwwen hun

1) Faber René, Spuerkeessbeamten, 14, Barriär-Strooss, Märel
2) Hatz Änder, Staatsbeamten, 47, Liberatiounsstrooss, Izeg
3) Ludwig Jhang, Bankbeamten, 52, Gaasperecherstrooss, Gaasperech
4) Malané Charel, Spuerkeessbeamten, 1, Pëtz-Strooss, Bouneweg
5) Philippe Robert, pensionnéierte Staatsbeamten, 9, Crécy-Strooss, Lëtzebuerg
6) Reckinger Arthur, Dechen, Dikrech
7) Rinnen Heng, Staatsbeamten, 32, Bësch-Strooss, Zéisséng
8) Roth Lex, Professer E.P., 14, Dunant-Strooss, Esch/Uelzecht
9) Schmit Emil, Privatbeamten, 46, Feldstrooss, Helsem/Walfer
10) Schroeder Metty, Zänndokter, 72, Schëndelser-Strooss, Bridel
11) Wolter Laure, Beamtin, 22, Collart-Strooss, Betebuerg

déi alleguer d'Lëtzebuerger Nationalitéit hun, an all denen déi nach wëlle mat bäikommen, as eng Verenegong ouni Gewënnzweck gegrënnt gin, déi de Veräin "EIS SPROOCH" vun 1952 - 1962 viruféiert, de 27.11.1971 nei konstituéiert gouf, sech dës Statutte gin huet a sech nom Gesetz vum 21. Abrëll 1928 riicht.

Kapitel I. - Numm, Sëtz an Zweck

Art. 1: Den Numm vun der Verenegong as : Actioun Lëtzebuergesch.

Art. 2: De Sëtz as zu Lëtzebuerg, d'Dauer as nët begrenzt.

Art. 3: Den Zweck vun der Verenegong as fir alles anzetrieden, wat lëtzebuergesch as, apaart fir d'Sprooch. D'Verenegong gët eng Zäitschréft eraus mam Numm : EIS SPROOCH.

Art. 4: D'Verenegong as politesch a reliéis neitral.

Président: 14, Dunantstrooss / ESCH-UELZECHT
Sekretär: [illegible]
Postcheck: 66-44
Spuerkeess: 1000/7254

Kapitel II. - Mëmbren.

Art. 5: Jidderee ka Mëmber gin, wann en den Zweck vun der Verenegong respektéiert a séng Cotisatioun bezillt. - De Comité kann der Generalversammlong Leit, déi Verdéngschter un der Actioun Lëtzebuergesch hun, als Éieremëmber virschlon.

Art. 6: D'Zuel vun de Mëmbren duerf nët manner ewéi dräi sin, no uewe besteet keng Grenz.

Art. 7: Et as een nët méi Mëmber, wann ee séng Demissioun gët oder d'Cotisatioun nët méi bezuelt.
D'Generalvers ammlong kann e Mëmber ausschléissen, wann en der Verenegong schuet oder géint hiren Zweck schafft.

Kapitel III. - Verwaltong.

Art. 8: D'Verenegong gët vun der Generalversammlong a vum Comité geleet.

Art. 9: D'Generalversammlong huet all Rechter, déi hir duerch d'Gesetz zoustin. Si as eemol d'Joër. All Mëmber gët dofir wéinstens 8 Deg virdru schréftlech geruff. De Rapport dervun an d'Resolutioune kommen an d'Zäitschréft "Eis Sprooch".

Art. 10: De Comité gët vun der Generalversammlong fir dräi Joër gewielt. Et kënnen dräi bis zwielef Leit dra sin. Een Dréttel gët all Joër nei gewielt. D'Comitésmëmbren, déi austrieden, kënnen ouni nei Kandidatur erëm gewielt gin. D'Kandidature fir de Comité musse wéinstens dräi Deg virun der Generalversammlong schréftlech ageschéckt sin. De Comité verdeelt déi eenzel Plazen ënner sech.

Art. 11: De Comité huet all Rechter, déi nët vum Gesetz extra fir d'Generalvers ammlong virgesi sin. De Comité kënnt wéinstens véier mol am Joër zesummen.

Art. 12: All Joër leet de Comité der Generalvers ammlong e Rapport iwwer d'Aktivitéit, d'Konte vum leschte Joër an de Budget fir d'Joër drop vir. D'Konte gi vu wéinstens 2 Leit kontrolléiert, déi vun der Generalversammlong fir ee Joër gewielt gin.

Art. 13: De Comité kann eenzel Mataarbechter erunzéien a Kommissiounen nennen, fir bestëmmt Aarbechten ze maachen. Dës Leit oder Kommissioune schaffen ënnert der Responsabilitéit vum Comité an no engem Reglement. De Comité nennt an entléisst se.

Kapitel IV. - Aner Bestëmmongen.

Art. 14: D' Cotisatioun vum Joër as héchstens 1000 Frang. Si gët vu Joër zu Joër vun der Generalversammlong festgesat.

Art. 15: Wann d'Verenegong opgeléist gët, bestëmmt d'Generalversammlong, wat mat de Fonge geschitt, déi awer fir d'éischt fir eng gläichgesënnt Verenegong reservéiert gin.

Art. 16 : Fir alles, wat nët an dëse Statutte virgesinn as, gëlt d'Gesetz vum 21.4.1928.

FABER René
HATZ Änder
LUDWIG Jhang
MALANÉ Charel
PHILIPPE Robert
RECKINGER Arthur
RINNEN Heng
ROTH Lex
SCHMIT Emil
SCHROEDER Metty
WOLTER Laure

Lëtzebuerg, den 14. 11. 1977

Déposé au greffe du tribunal d'arrondissement de et à Luxembourg aux fins de la publication au Mémorial dans les formes légales.

Luxembourg, le 22.11.77

1977: De 14. November 1977 huet d'AL eng éischte Kéier hir Statuten aus dem Joer 1971 geännert an um Greffe deposéiert.



ACTIOUN LËTZEBUERGESCH
Eis Sprooch

Postkëscht 98
L-2010 Lëtzebuerg

Tël. 47 06 12

Lëtzebuerg, Juni 1983

Concours fir Kuurz-Geschichten op Lëtzebuergesch, geschriwe fir Kanner bis 15 Joër, déi d'Actioun Lëtzebuergesch als Buch erausgët.

1. D'Actioun Lëtzebuergesch organiséiert dëst Joër e Concours fir Kuurz-Geschichte fir Kanner bis 15 Joër.
2. Et ka jiddereen an deem Concours matmaachen.
3. Eng Kuurz-Geschicht duerf nët méi laang wéi 6 (sechs) Säite Schreifmaschin sin. Iwwersetzongen oder Adaptatioune sin nët zougelooss. Eng Säit Text duerf nët méi wéi 35 Zeilen (Reien) hun, eng Rei nët méi wéi 50 Buschtawen.
4. Jiddereen, dee matmécht ka méi wéi eng Kuurz-Geschicht eragin.
5. D'Manuskripter mussen op der Schreifmaschin propper getippt sin. Op de Manuskripter duerf keen Numm oder soss en Zeeche sin, dat den Auteur géif verroden. Um Manuskript muss e Pseudonym stoen. Fir all Kuurz-Geschicht, och vun deemselwechten Auteur, muss en anere Pseudonym geholl gin.

   An enger Enveloppe, déi zougepecht muss sin, as bannendran deen oder déi Pseudonymen, de richtege Familjenumm, Virnumm an d'genee Adress.
6. D'Manuskripter mussen un d'Actioun Lëtzebuergesch, Postkëscht 98, L - 2010 Lëtzebuerg bis de 15. Dezember 1983 ageschéckt sin; all Manuskript mat Copie.
7. Mëmbre vum Jury, hir direkt Familjen, Mëmbre vum Comité vun der A.L. an hir direkt Familje kënnen nët am Concours matmaachen.
8. D'Actioun Lëtzebuergesch nennt e Jury vu 7 Leit, dovun héchstens 2 vum A.L. - Comité.

   De Jury klasséiert d'Texter.

   De Jury ka bis lo (zéng) Kuurz-Geschichte fir e Präis virschloen.

   De Jury ka bis zu 50.000 Frang Präisser verdelen, mat engem Maximum vun 10.000 Frang fir den éischte Präis; an de Präisser sin d'Auteure-Rechter mat dran.

   Et ka keen Auteur méi wéi 1 (een) Präis kréien; d'A.L. kann ower iwert d'Präisser eraus, Texter bis 2.500 Frang d'Stéck ofkafen.
9. De Jury gët duurch d'Press bekannt gemaacht.
10. Déi Auteuren, déi matmaachen, sin doduurch mat dësem Reglement averstanen.

Am Jury sin : d'Häre - Jul CHRISTOPHORY
- Pol GREISCH
- Cornel MEDER
- Pierre PUTH
- Pol PUEZ
- John RINNEN
- Pol SCHUMACHER

- Weider Informatioune kënnt Dir op eisem Telephons-Äntwertautomat kréien : Tël. 47 06 12 (24 Stonnen op 24)

1983: D'AL mécht e Concours fir Kuerz-Geschichte fir Kanner bis 15 Joer.



ACTIOUN-LETZEBUERGESCH

Postkëscht 98
Lëtzebuerg

tél 552342

Letzebuerg, den 2. August 1984

Här Eiere-Staatsminister
Pierre Werner
Rond-Point Robert Schuman
L ë t z e b u e r g

Här Eiere-Staatsminister,

Am Mäerz hat ech an der Generalversammlung vun der Actioun-Lëtzebuergesch virgeschloen, 1984 zwéi Männer aus dem verantwert leche politesche Liewen, déi e besonnesche Verdéngscht un eiser Sprooch hun, d'selwer Plack mat eisen Nationaldichter Dicks, Rodange a Lentz ze iwerreechen, an zwar den Häre Pierre Werner a Robert Krieps.

Dir huet Iech eise Merci mat dem Gesetz iwer eis Nationalsprooch verdéngt; dofir huet eise Comité sech a sénger Sëtzung vum 13. Juli mat ménger Propositioun aus der Generalversammlung averstanen erklärt, a mir d'Missioun gin, Iech ze froen, ob Dir d'sëlwer Plack vun der Actioun-Letzebuergesch unhuelt. Vun dësem Joer u gët all Joer eng Perséinlechkeet erausgewielt, déi literaresch oder "dobaussen" am Sënn vun eiser Sprooch e Merci verdéngt huet.

Mir hu geplangt, fir Iech déi sëlwer Plack bannent enger klenger Feier ze iwerreechen, déi dënschdes den 2. Oktober em 17 Auer an der "Maison de Cassal" as.

Mir wire frou an houfreg, wann Dir eis Offert géngt unhuelen, a freen äis op dee sympatheschen Dag.

Mat eisem Respekt,
Fir de Comité
vun der Actioun-Lëtzebuergesch,

Lex Roth

1984: D'AL freet de Staatsminister Pierre Werner, ob hien d'sëlwer Plaquette unhuele wëllt.



GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

MINISTERE DES AFFAIRES CULTURELLES

19-21, rue Goethe
1637 LUXEMBOURG

~~LUXEMBOURG~~
Letzebuerg, den 9. August 1984

Här Lex Roth
Actioun-Letzebuergesch
Postkescht 98
Letzebuerg

Här Roth,

Ech soen dem Comité vun der Actioun-Letzebuergesch merci fir déi leiw Opmierksamkeet an mat Fréden huelen ech déi Unerkennung un.

Mat menge beschte Gress

De Kulturminister

1984: De Pierre Werner seet "merci fir déi leiw Opmierksamkeet" an hëlt "mat Fréden" déi Unerkennung un.



ACTIOUN LËTZEBUERGESCH
Eis Sprooch

Postkëscht 98
L-2010 Lëtzebuerg

Tël.: 47 06 12

Lëtzebuerg, am Oktober 1987

Concours fir Radios-Spiller op lëtzebuergesch.

(Radios-Spill = Hörspiel / pièce radiophonique)

1. D'Actioun Lëtzebuergesch organiséiert e Concours fir Radios-Spiller op lëtzebuergesch. Dës Radios-Spiller solle fir jonk Leit an Erwuessener geschriwwe gin.
2. Et ka jiddereen an dësem Concours matmaachen.
3. E Spill soll nët méi wéi 20 Minuten daueren. Iwwersetzongen oder Adaptatioune sin nët zougelooss.
4. Jiddereen, dee matmécht, ka méi wéi ee Spill aschécken.
5. D'Manuskripter mussen op der Schreifmaschin propper getippt sin. Op de Manuskripter duerf keen Numm oder soss en Zeeche sin, dat den Auteur géif verroden. Um Manuskript muss e Pseudonym stoen. Fir all Spill, och vun demselwechten Auteur, muss en anere Pseudonym geholl gin.

   An enger Enveloppe, déi zougepecht muss sin, as bannendran deen oder déi Pseudonymen, de richtege Familjennumm, Virnumm an d'genee Adress.
6. D'Manuskripter mussen un d'Actioun Lëtzebuergesch / Postkëscht 98 L-2010 Lëtzebuerg bis de 15. Abrëll 1988 geschéckt gin; all Manuskript mat Copie.
7. Mëmber vum Jury, hir direkt Familjen, Mëmber vum Comité vun der Actioun Lëtzebuergesch an hir direkt Familje kënnen nët am Concours matmaachen.
8. D'Actioun Lëtzebuergesch nennt e Jury vu 7 Leit, dovun héchstens 1 vum A.L.-Comité.

   De Jury klasséiert d'Spiller.

   De Jury ka bis 10 Radios-Spiller fir e Präis virschloen.

   De Jury ka bis zu 60.000 Frang Präisser verdelen, mat engem Maximum vun 12.000 Frang fir den éischte Präis; an de Präisser sin d'Autore-Rechter mat dran.

   Et ka keen Auteur méi wéi 1 Präis kréien. D'Actioun Lëtzebuergesch kann awer iwwer d'Präisser eraus, Texter bis 3.500 Frang d'Stéck ofkafen.
9. De Jury gët an der Press publizéiert.
10. Déi Auteuren, déi matmaachen, sin doduerch mat dësem Reglement averstanen.

All Informatioune kritt een iwwer den Tël.: 47 06 12 vun der Actioun Lëtzebuergesch.

1987: D'AL organiséiert e Concours fir Radio-Spiller op Lëtzebuergesch.

Steiwe Buedem!

Ech koum vum Duerf, ech gouf ganz lues a lues e Stater.
Ech gong an d'Galerië, ech gong an den Theater,
Ech kennen all déi Leit déi un den Hiewele sëtzen,
Déi geeschteg-geeschtlech an déi politesch Spëtzen.
Mat deenen Allermeeschten hun ech schon e Patt geholl,
Souguer am Kulturellen spillen ech eng klinzeg Roll,
Ma ganz egal wou ech och war a wou ech stong,
Ech hat nach steiwe Buedem un de Schong.

Ech koum vum Duerf, ech hu geschwat wéi d'Leit do schwätzen,
Fräi, riichteraus hun ech versicht méng Meenung duurchzesetzen.
Ech hun den „R" gerullt a vill gestikuléiert,
Conversatioun ze man, dat hat ech ni geléiert.
Do wou gebléimelt gouf a gescharwenzelt do mouch ech ni mat,
A wéi e Plättel sin ech dacks, flatsch an e Plat getratt.
Fisematente brénge méch bal zur Verzweiwelong :
Ech hun nach ëmmer steiwe Buedem un de Schong.

Ech koum vum Duerf, de Viirwëtz huet méch vill gestëppelt,
Ech si gerullt, geflunn a vill zu Fouss getrëppelt.
Ech wollt déi schéinste Saachen, an déi schéinsten Ecken
Déi et op eiser Welt gët, och fir méch entdecken.
Ech sin duurch Kiirche, Synagogen a Moschéë gaang.
A Schlässer an a Muséën souz ech dacks stonnelaang,
A wéi ech an dem Wüstesand, zu Gizeh vrun der Cheops stong,
Ech hat nach ëmmer steiwe Buedem un de Schong.

Ech koum vum Duerf, déi Sprooch déi d'Léit do schwätzen hat ech gären.
Déi einfach Sprooch, vun där ganz vill an héichgeléiert Häre
Behaapte se wir arem, a se wir beileiwen
Nët ze gebrauchen fir ze dichten an ze schreiwen.
Ech hu probéiert, an hei an do en Ee geluegt.
Ech gin et zou, eng Poésie hun ech ni fäerdeg bruecht,
Ma vläicht as iewer alt epps Klenges mer gelong,
Trotz méngem steiwe Buedem un de Schong.

Pir Kremer

1988: Als Merci fir d'sëlwer Plaquette schreift de Pir Kremer säi Gedicht "Steiwe Buedem!"



Actioun-Lëtzebuergesch
Eis Sprooch
gegrënnt 1971
a.s.b.l.

Adress: • Breedewee, 21
L-1917 Lëtzebuerg
• Postkëscht 98
L-2010 Lëtzebuerg

☎ Antwertapparat 47 06 12

D'Actioun Lëtzebuergesch zum Thema
"Auslänner zu Lëtzebuerg"

D'Actioun Lëtzebuergesch verdaamt, wéi all verstännege Mënsch, dat, wat an deer leschter Zäit géint eis auslännesch Matbierger geschitt as.

D'Actioun Lëtzebuergesch wënscht e friddlecht Mateneeliewe vun de Lëtzebuerger mat denen anere Leit vun allen Natiounen, déi hei am Land liewen, Respekt a Versteesdemech vun denen zwou Säiten, an as sécher, datt se op déi Manéier gutt Noperschaft hale kënnen, sou wéi et bis elo wor.

D'Actioun Lëtzebuergesch huet eise frieme Leit zënter 1975 d'Méiglechkeet gebuede fir fräiwëlleg eis Sprooch ze léieren, fir hinnen domat ze hëllefen, fir mat äis aner an d'Gespréich ze kommen, dat zu engem frëndschaftlechen, noperleche Liewe féiere soll. Eleng dëst Jor 1991 hu rëm 1.500 auslännesch Leit mat der A.L.-Metoud ugefaang Lëtzebuergesch ze léieren. As dat nët e Bewäis, datt si de Wëllen hun, fir sech ze integréieren ? Loosse mir dat respektéieren an hinnen nach méi derbäi hëllefen.

D'A.L. veruurteelt mat aller Energie déi nationalistesch a rassistesch Actiounen.

P.S. Wann "Nationalisten" sech elo och vun dene rassisteschen Actiounen aus der leschter Zäit wëllen distanzéieren, as et dann ower nët dee Som, deen si geséit hun, deen elo opgeet ?

eis Konten :
Postscheck 6644-48
Spuerkeess 1000/7250-4
BIL 4-100/9748

1991: D'AL wënscht sech e friddlecht Mateneeliewe mat den Auslänner zu Lëtzebuerg a bitt d'Méiglechkeet, fir eis Sprooch ze léieren.

N°73
19. JOER

ZÄITSCHRËFT
ARELERLAND A SPROOCH

GESCHWËNN ...

Kéint all dräi Méint eraus .

KULTURVERÄIN
ARELERLAND A SPROOCH
a.s.b.l.

ARE LER LAND A SPROOCH

Association pour la défense de la culture et de la langue luxembourgeoise

1994: D'Sproochgesellschaft "Arelerland a Sprooch" bréngt zënter 1975 eng eegen Zäitschrëft eraus.

TRIMESTRIEL FRANCIQUE Wanter 1999 Nr 54 ISSN 0248 - 3874

GEWAN

8 FF 50 FLUX 2,40 DM "Déng Sprooch as schéin !"

Wéi laang nach ?.. fête ses 20 ans d'existence

L'association Wéi laang nach ?.. a tenu le 11 décembre dernier son Assemblée Générale, l'occasion de fêter 20 ans d'action culturelle et militante pour la défense du francique et de se retrouver pour une soirée en chansons avec le groupe Mannijo. Tout cela à Hunting, là où naissait l'association en mars 1979. *(Lire p. 2)*

an der GEWAN

p. 2 : Assemblée Générale de Wéi laang nach ?..
p. 4 : Schoul : Mauvaise foi
p. 5 : Main basse sur ma langue
p. 6 : Conférence à Saint-Avold
p. 7 : Du francique sur la toile
p. 8 : Bicher
p. 9 : Mir spillen : Et as Chrëschtdag
p. 10 : Festival Mir redde Platt à Sarreguemines - Gemools

Port Payé
Dispensé de timbrage

Expéditeur :
Wéi laang nach?..
Association francique
5, rue du Manège
F-57100 THIONVILLE

Destinataire :
Actioun Lëtzebuergesch
B. P. 98
L-2010 LUXEMBOURG

Virwuert

De Platt, wéi laang nach ?..

Sou war d'Fro déi mir eis gestallt hun, wéi mir de Verain Wéi laang nach ?.. gegrënnt hun. Zwanzeg Joër sin elo rëm, wou mir an alle Richtunge geschafft hun, fir eis Sprooch ze verteidégen a vum Dout ze retten.
Elo as et Zäit fir ee bëssien hannerëm a ronderëm ze kucken. Wat hu mir fäerdeg bruecht fir deer Fro : "wéi laang nach ?" eng positiv Antwert kënnen ze gin ? Nët vill, musse mir leider zougin. Gewëss hu mir an deenen zwanzeg Joër wonnerbar Saache gemat : eng Zäitschrëft, Bicher, Théater op Platt, Witzen Owender, Musek Feschter, Lëtzebuerger Couren, Radio Sendungen, eng ganz Rei Archiven iwer eis Sprooch a Kultur gesammelt, Schëlder op Platt sin an e Puer Gemëngen installéiert gin, Lëtzebuergesch gët an e Puer Klasse geléiert...
D'Wiirklechkeet musse mir awer an d'Ae kucken : den Zuel vun deene Leit déi nach Platt schwätzen an der Didde-nuewer Géigend hélt vun Dag zu Dag of, keen eenzeg Kand kënnt zënter Joëre méi op d'Welt mam Platt als Mammesprooch. A wien interesséiert sech nach un der kultureller Säit vun eiser Sprooch ? Bestëmmt nët déi dausende vu Grenzarbechter déi all Dag an d'Ländche fueren, an déi gezwonge gin d'lëtzebuerger Sprooch ze léieren. Huet an dësem Zoustand eise Kampf nach en Zweck ? Soll d'lëtzebuerger Sprooch an der Diddenuewer Géigend dat 21 Joërhonnert nët iwerliewen ? Mir alléng an eisem klénge Verdin kënne nët vill wann nët op eemol ee klore Bewoschtsënn an der Géigend entsteet fir d'Sprooch ze retten. Awer wel laang musse mir eis nach sou duurchsetzen bis sou éppes passéiert ?..

WLN ?

Revue éditée par l'association *Wéi laang nach?..*

1999: D'Sproochgesellschaft aus der Diddenuewener Géigend schreift: "keen eenzeg Kand kënnt zënter Joëre méi op d'Welt mam Platt als Mammesprooch."



ACTIOUN-LËTZEBUERGESCH
Eis Sprooch
gegrënnt 1971

-Invitatioun-

fir .....

1801 guff bannent der Festung Lëtzebuerg, an der 'rue Chimay', der 'DRÄIKINNEKSGAASS', op Nummer 3, deen alleréischten Dichter a Lëtzebuerger Sprooch, Jong vum Schouster Meyer, gebuer. Dat Gebuertshaus stéisst hannenaus op den Eck vum Knuedler. Et ass klasséiert als eent vun deenen intressansten an eelsten aus der fréierer Festung. Dat Haus guff an de leschte Joere vum neie Propriétaire, der Gesellschaft 'Messageries Paul Kraus-MPK/VALORA AG', op exemplaresch Fassong restauréiert. D'Fassad a grouss Deeler vu bannenan hunn hire wertvollen historesche Charakter behalen.

Mir hu geduecht, elo wier d'Geleeënheet, fir dee Mann, de Papp vun der Literatur an eiser Sprooch – grad eweí den DICKS, de LENTZ an de RODANGE – mat engem bronze Konschtmedaillon apaart ze éieren. Hien huet dem Lëtzebuergeschen, exakt vrun 180 Joer, 1829, dat alleréischt literarescht Wierk geschenkt :

E' SCHREK OP DE' LETZEBUERGER PARNASSUS (seng original Schreifweis) .

Dee Medaillon, mam Kapp-Bild vum Dichter, Mathematiksprofesser, Geléierten an Doyen vun der 'Faculté des sciences mathématiques et physiques' vun der Lécker Universitéit, dem

Antoine / Antun / Tunn MEYER (1801-1857)

gëtt **samschdes, den 19. Dezember 2009, ëm 11.00 Auer**
zesumme mat eisen Invitéierten a Frënn ageweit.

Mir wieren extra frou an houfreg, wann Dir fir dës Feierstënnche kënnt bei äis sinn !

♦ **RENDEZ-VOUS ëm 11.00 Auer 'am Eck' um Knuedler, wou e puer Wuert fir an iwwer den Dichter gesot ginn.**

♦ **Zesumme mat der *Strëpp vun der Stad- a Lampertsbierger Musek* virop gi mir dann iwwer de Knuedler, op de *'Gruef'* zou, bis op d'Héicht vun der *'Paschtoueschgaass'* an erof bei *'d'Dräikinneksgaass'*, wou d'Haus Meyer zesoen direkt ëm d'Kéier ass.**

♦ **Do ginn de Medaillon an d'Schrëftplack fir den Tunn Meyer fräigemaach.**

fir de Comité: René FABER a Lex ROTH

2009: D'AL feiert 180 Joer vum alleréischte literarescht Wierk, dem Tun Meyer säin "E' Schrek op de' Letzebuerger Parnassus" aus dem Joer 1829.

Éiere-Plaquette DICKS-RODANGE-LENTZ

1983, e puer Méint, iert eis Sprooch an hiert Gesetz komm ass, stong en eeleren Här bei mir am Bureau vum Kulturministère. Hien hat en zimlech grousse Pak bei sech a mir e schéine Bonjour vun sengem – a mengem – Frënd, deem beschtbekannte Musel- a Kulturspezialist Martin Gerges matbruecht: Et war eise beschte ‚Médailleur', den Här Julien LEFEVRE. Hien hat zwéi wonnerbar ‚Käpp' vum Dicks an dem Michel Lentz (Original-Gips, 50cm Duerchmiesser) bei sech. „Als Cadeau, well Dir esou gutt fir eis Mammesprooch am Radio schafft!" Abeejo!, ech war paff.

Wat sollt ech domat maachen? Iwregens hunn ech fonnt, datt eise Michel Rodange ower och bei déi zwéi giff passen…a war affrontéiert genuch, fir dem Här Lefevre dat ze soen. „Jo, mä ech hunn näischt als Modell." Dunn huet hien all Photo kritt, déi ech vum Rodange konnt opdreiwen, an sou ass den ‚Nanetts Méchel' och nach dobäikomm. Wat dann elo mat deenen Originalen ufänken? Et kritt ee jo alt heinsdo esou seng Iddien: D'Originale verklengeren an eng Éiereplack maache loossen. Am Comité sinn se net all direkt dovu begeeschtert gewiescht, mä eise Caissier René Faber hat mat an d'Saach ‚gebass'. Ech hunn dee weltbekannte Bréisseler Médailleur FIBRU-FISCH kontaktéiert, deen iwregens och eis national Dekoratioune gemaach huet; de René an ech sinn op Bréissel gefuer…d'Saach ass mat deenen néidege Verklengerunge gelaf. Domat konnt jiddereen sech elo d'bronze Plaquette leeschten. D'Iddi, fir dat Konschtstéck ze versëlweren an eemol d'Joer verdéngschtvolle Leit se als Merci ze ginn, huet da Versteesdemech beim ganze Comité fonnt…och haut nach, no 37 Joer! D'original Zesummesetzung vun der Plack kënnt dir a voller Gréisst zu Miersch an der Entrée vum nationale Literaturarchiv gesinn.

Mir sinn houfreg drop!

Gëlle Plaquette

1989	Henri RINNEN	fir säin Asaz op ville Pläng an an der AL
2003	Lex ROTH	fir säin onermiddlechen Asaz, op alle Pläng, fir eis Sprooch
2012	René FABER	fir seng Verdéngschter als Grënnungsmember a laangjärege President vun der AL
2021	Alain ATTEN	fir säi ganzt Wierk a seng Verdéngschter iwwer a fir eis Sprooch

Sëlwer Plaquette

1984	Pierre WERNER	fir Lëtzebuergesch als Nationalsprooch an eisem Gesetz ze verankeren
1984	Robert KRIEPS	fir Koherenz am Geschriwwenen eranzebréngen duerch den Arrêté fir d'Orthographie
1985	Tit SCHROEDER	als Lyriker an Auteur vu villen Theaterstécker
1986	Chrétien CLEMENT	als Dichter
1986	Lily UNDEN	fir d'Lëtzebuerger Konscht
1987	Will FLENER	fir seng Essayen, Theaterstécker a Bicher
1988	Pir KREMER	fir säi "Staminee" um Radio, d'Revuen am Theater a seng aner Wierker
1989	Will REULAND	fir säin Asaz beim Dictionnaire a säi Gesamtwierk fir d'Sprooch
1991	René KARTHEISER	fir säi Wierk an eiser Sprooch
1992	Nicolas KREMER	als Resistenzler an Auteur vu fënnef Bicher an deem Kontext
1993	Paul LEESCH	fir seng Sproochinitiativen am 'Cactus'
1994	Mgr Jean HENGEN	fir eis Sprooch an der Kierch
1994	Mgr Fernand FRANCK	fir eis Sprooch an der Kierch
1995	Ger SCHLECHTER	fir seng interessant Emissioune ronderëm den Alter an eis Sprooch
1995	Pe'l SCHLECHTER	fir säi Wierk a Lëtzebuerger Sprooch
1996	Pol GREISCH	als Auteur vu Bicher an Theaterstécker
1997	Alain ATTEN	als Spezialist vun eiser Sprooch
1998	Josy BRAUN	fir säi Wierk a seng Impulser an der Orthographie
1999	Aloyse RATHS	fir d'Schreifweis op eng exemplaresch Fassong un d'Schoulmeeschtesch-Studente bruecht ze hunn
2000	Norbert STOMP	fir den Direkter vum 'natur musée' a seng Mataarbechter
2001	S.A.R. le Grand-Duc Henri	fir en exemplareschen Asaz fir Lëtzebuerg heibannen an dobaussen
2001	S.A.R. Madame la Grande-Duchesse Maria Teresa	fir en exemplareschen Asaz fir Lëtzebuerg heibannen an dobaussen
2002	Jeanine THEIS-KAUTH	fir hiert Wierk als Auteur vu Spréchelcher, Geschichten a Gedichter
2004	Fernand LORANG	fir seng Verdéngschter ëm eis Sprooch, apaart am Minett
2005	Germaine GOETZINGER	fir den 10. Gebuertsdag vum CNL a fir hiren Asaz
2007	Emile ANGEL	fir seng Verdéngschter fir eis Sprooch a Bicher an an der Press
2008	Patrice SCHONCKERT	fir d'Opschaffe vun de Lëtzebuerger Flouer- a Stroossennimm
2009	Iwwersetzerequipe "Bibel op Lëtzebuergesch" (Claude BACHE, Fränz BIVER-PETTINGER, Jeannot GILLEN, Carine HENSGEN)	fir den "Evangeliar op Lëtzebuergesch"
2010	Pol PÜTZ	als Literat, Revuë-Schreiwert a Léiermeeschter
2014	Christiane EHLINGER	fir hier Verdéngschter, Lëtzebuergesch als Schreifsprooch ze benotzen a virun allem Kannerbicher op Lëtzebuergesch.
2017	Gemeng Walfer	als Initiator vun de "Walfer Bicherdeeg", wou eis Sprooch eng gutt Plaz huet
2018	Mil GOERENS	fir säi Wierk a besonnesch déi dräi Bänn "Eiser Soen"
2019	Jérôme LULLING	fir säi Wierk an der Sprooch an iwwert d'Sprooch
2021	Wikimedia Lëtzebuerg a.s.b.l.	fir hir sëllegen Artikelen op Wikipedia a Lëtzebuerger Sprooch

250 Klacke fir eis Sprooch

Dës puer Zeile sollen nëmmen eng kleng Iddi ginn, mat deer ee ka verstoen, firwat d'KLACK fir eis Sprooch 1993 ugefaang huet, reegelméisseg ze lauden; net onbedéngt fir eis ‚Literatur', mä vrun allem fir d'Sprooch selwer. Ech hunn emol en natierlechen (empatheschen?) Zock fir ze ‚beléieren' a 5 Diplomer als Schoulmeeschter resp. Enseignant fir Sproochen am ‚Secondaire technique'.

Nieft menge Radio- an TV-Emissioune (RTL+DNR) sinn eng ganz Partie aner Publikatioune gelaf: Iwwersetzunge vu Fabelen, 19 BD-Klassiker (Asterix an Tintin, Walt Disney), de Klenge Prënz, eegen Texter (Melusina, Millymaus, etc…).
Dann hei, an engem Resumé, eng fundamental Meenung, wat eis Sprooch selwer, iwwer all Geschreifs vun Auteuren eraus, ugeet: Mir haten an hunn dichteg Sprooch-Wëssenschaftler, déi sech mam Lëtzebuergeschen als Idiom ofgin (hunn)…den Ausdrock ‚Idiom' steet am Griechesche fir all ‚Sprooch-konstrukt' fir si ass et keen ‚Dialekt' ginn, e Wuert, dat liicht offälleg no ënnen zitt. Ewell am 19. Joerhonnert fanne mir Leit wéi de Felix Thyes, duerno de René Engelmann, och (méi no bei äis) de Robert Bruch, den Henri Klees; net ze vergiessen, déi dichteg a fläisseg Leit, déi sech ëm eisen ‚offiziellen' Dictionnaire bekëmmert hunn; virdrun de F. Gangler (1845), duerno den Dr. Weber (1906) mat ganz intressante lexikalesche Leeschtungen.

Haut fanne mir op eiser UNI eng intressant Mëschung vu Linguistik a Lexikologie fir d'Lëtzebuergescht op akademeschem Plang; dat net zugudderlescht, well d'Sprooch(e)gesetz vun 1984 souzesoen de Buedem fir d'Fakultéit geplout hat! De Peter Gilles an seng ‚Akolythen' maachen do am Schwonk vun den universitäre Méiglechkeeten eng Aarbecht, déi d'Lëtzebuergescht wäit iwwer de Status vum einfachen Dialekt eraushieft, am Sënn vum ‚dialecte qui a réussi'. Hei hu mir et an hirer Funktioun mat ‚Linguisten' ze dinn.

An deenen Iwwerleeunge leien dann och d'Sprooch- a Literaturhistorik rondrëm eis Sprooch. Do steet den Nik. Welter vir an der Rei. Et huet bis an déi 60er Joere vum 20. Joerhonnert gedauert, bis mir dann dem Fernand Hoffmann seng ‚Geschichte der Luxembuerger Mundartdichtung' fannen; iwregens misst deen 2-Bänner vläicht éischter ‚Geschichte und kritische Bewertung der…' heeschen; leider ass zënterhier näischt méi op déi Fassong nokomm (ronn 60 Joer!). Den excellente ‚Luxemburger Autorenlexikon' vum ‚Centre national de littérature' fëllt glécklecherweis eng grouss Partie vun deem Manktem op, wat mir vrun allem kompetente Leit wéi dem Germaine Goetzinger, Claude D. Conter, Roger Müller, Josiane Weber an enger Partie anerer vun deer aussergewéinlech gudder Institutioun ze verdanken hunn; dat Wierk gëtt dann do och reegelméisseg ‚erstëmpt'; mä d'Literatur an eiser Sprooch ass – vu qualitativer Perspektiv emol ofgesin – an de leschte 50 Joer esou gewuess, datt längst en ‚3.Hoffmann' fälleg wier!

Viru ‚menger' KLACK

An de 50er Joeren ass op RTL eng Entwécklung a Lëtzebuerger Sprooch ugaang, déi zugudderlescht zu engem komplette Programm an eiser Sprooch geféiert huet. Leit wéi de Paul Leuk, de Léon Moulin, de Jean Wester asw. hunn do eng Sprooch geschwat, déi wierklech ‚authentesch' war, wat een och esou z.B. bei Mataarbechter wéi dem Jos Hess, dem Pir Kremer oder dem Henri Rinnen ze héiere krut… ower eis Sprooch ass duerno (op UKW/ Kanal 18) ëmmer weider ‚an de Kullang' gerutscht, wat natierlech vrun allem duerch däitsch ‚Teletext-Artikelen' de Fall war. Dat huet mech einfach an ëmmer méi ‚gefoxt'; wéi ech mech net mat mengem Gereklamméiers ginn hunn, huet de Chefredakter Nic. Weber mir ‚Leitsgeheier' fir all Woch eng Emissioun vun 20 Minutte fir eis Sprooch offréiert… Hannergedanken: Da kritt deen d'Flemm souwisou geschwënn. Ech sot him ower, hie soll mir léiwer eng Serie vun 3x2 Minutte pro Woch ginn, do giff keen esou enervéiert ofschalten. Dat guff dunn eng Saach, déi 12 Joer gedauert huet an et zugudderlescht op 12x52x3=1972 mol ‚een Ament fir eis Sprooch' bruecht huet… wat natierlech enger Partie Leit dacks op de Wecker gaang ass, déi vun ‚Nationalist, Purist, normativem Geck' asw. geschwat a geschriwwen hunn. Mä dat war natierlech e Bewäis, datt mäi ‚Gestëppels' jo net ëmsoss war. Déi original, deemools handgeschriwwen Texter (4 déck Dossieren) kritt den CNL vu Miersch. Aus politesche Grënn hunn ech ‚meng' Emissioun gestoppt, a sinn duerno och aus beruffleche Grënn net méi weidergefuer.

Dat war dann dunn dem Alain Atten seng Geleeënheet, fir seng ‚Sproocherei' um Radio unzefänken, déi elo well an déi 30 Joer bäihält. Hie fiert op enger anerer, explikativer ‚Schinn'; déi ass héich verdéngschtvoll, mä net onbedéngt op d'Versuergen, Verbreeden a Weiderkomme vum Lëtzebuergeschen aus. Op déi Fassong wier net un eist Sproochgesetz a scho guer net un e Verfassungsartikel ze denke gewiescht. Do musse souzesoen ‚aner Beem gerëselt ginn, fir datt d'Uebst eroffält'.

Eng KLACK fir eis SPROOCH

No all deem, wat mir gesot a geschriwe krit hun, as eis Initiativ, fir mat eiser ACTIOUN LËTZEBUERGESCH emol zergutt‌st „'ennert d'Leit" ze goen, wonnerbar ukomm. Eis „Klack" gët nët nëmme gehéiert, ti gët och gelauschtert! An ët schéngt esouguer, wéi wann e sëllecher Leit wëlles hätten, mat üis um selwechte Seel ze zéien an ze lauden.

Wann ët ëm eis Sprooch geet, da kann dat jo ganz bestëmmt nët nëmmen d'Saach vun engem Veräin sin; d'Lëtzebuergescht as keng Veräins-Sprooch, ët as e Stéck vun eiser Identitéit… mä wéi as ët mat der Praxis vun deer Identitéit? Vill Geddëtsch a rosewéineg „Gestécks"! Wa mir eiser Sprooch wëllen eng Chância gin, da geet ët nët duer, nëmme feierlech driwer ze schwätzen, oder op wëssenschaftleche Stelzen doruechter ze meteren; dann as och nach nët vill gemaach, wa mir üis beim Humgen iwer déi aner iergeren, iwer Politiker, Radios- an Télé-visounsleit… wat deenen awer och kee Kuarte-„Stëppi" gët, egal watfir e schlecht Dällsch fir Lëtzebuergesch ze verkafen. Eiser Sprooch as och alt nët watterdäiwel gedëngt, wann e mat e puer Würder feel geet, bal eng Quizfro aus raren Ausdréck vu Wolz, Veianen, Iechternach oder vu soss énzwuëzëch mecht… eis Sprooch as eng Saach fir jiddereen a fir all Dag!

Wéi as ët mat Árem Lëtzebuergeschen doheem, énner Frënn, op der Aarbecht? Wat hualt Dir vun eiser Sprooch bei Áre Kanner oder jonke Leit?… Ët geet jo nët duer, fir émmer nëmmen dem Lieserpersonal – deenen aneren! – d'Terbëssen an d'Schong ze schëdden. Schreift Dir selwer aus der Vakanz e puer Wuurt op Lëtzebuergesch? Huet Dir ewell en Ziedel op Lëtzebuergesch geschriwen, fir ahafen ze goen? Haalt Dir an Árem beléifste Verdäis op lëtzebuergesch Schreiwereien, Plakaten, Annoncen? Wéi as ët mat Invitatiounen, mat engem Menü oder engem geschriwene Merci an eiser, an ÁRER Sprooch? Wat haalt Dir vu lëtzebuergesche Strooss‌en-Nimm an Árer Uertschaft… ower fir d'Ëlicht emol an ÁRER Strooss selwer? Huet Dir ewell op dat Lëtzebuergescht oppepasst, dat Dir selwer schwätzt? Huet Dir ewell selwer engem „Ausländer" och nëmmen een eenzegt Wuurt Lëtzebuergesch bäibruecht? Wësst Dir, datt een och „Vakanze-Bicher" fir d'Kanner an eiser Sprooch krit?… well bei de Kanner geet ët un. Oder ët hält mat hinnen op? Eng Klack fir eis Sprooch? Déi kënnte mir alleguer zesumme lauden… LR

Wat d'Mamm äis geléiert

Loosst eis Sprooch
nët ennergoen
an deem grousse
Sprooche-Mier;
baut fir si mat gëllie Loen
aus vill Léift a Suerg e Wier!

Rob Sisolo

E Requiem vum Photograph

Se hu mech op den Neklosklirfech geschéckt, fir dem Mechel Lentz säi Graf ze knipsen. Allerlee traureg Erënnerungen iwerkommen een, wann een esou téschent de Kräizer an deene villen Nimm trëppelt. Leit aus Bicher a Geschicht sin bei Nöper mat e sëllechen Onbekannten a Vergiessenen. Awer wou as dem Mechel Lentz säi Monument? Zwee-, drämol schrécken ech de ganzen énneschten Deel of. . Awer wou as de Lentz? Ech wollt scho fortgoen, du stoussen ech drop.

Mäi Gott! D'Kräiz steet emol nët méi, et läit queesch iwer der Schreft a verdeckt se. De Steen as gebrascht. Onkraut quëtscht sech téscht de Placken erduerch. Dat staarkt Géigelicht brennt mer duurch d'Ae bis an d'Séil. Ech knipsen a blëtzen. Ech hofegen et nët fäerdeg, fir virdrun eppes ze réckelen oder ze botzen. Ech sin ewéi zougespëtzt. Virun honnert Joer hun se de Mëchel Lentz mat engem Staatsbegriefnes geéiert! Mir loossen haut säi Graf vergamelen a verlouderen, dat allerlescht… Ët as bal deeselwechten Dag, wou se an der Chämber séng ontierflech Wierder vum Nationalidd als Gesetz gestëmmt hun. „R.I.P." liesen ech, awer nët esou w.e.g.! As dat e Merci? Mir mussen äis alleguer bis an d'Graf schummen, wuertwierflech, mir, déi rächt, aarm Lëtzebuerger? déi 95er „Kultur-Stad"?… de Staat?… d'Land? Nationaldicher? „Mäi Land as mäi Liewen"… a wiem säi Graf as mäi Graf?… Maja.

Jean Welter

Virun honnert Joer as de Mëchel Lentz gestuerwen

Virun 2 Joer hu mer äis un den 100. Doudesdag vum Dicks erënnert; dëst Joer, genee den 8. September, gin et der och 100, datt de Mechel Lentz „déng" Lëtzebuerger fir émmer verlooss huet.

Hie war 1820 an der Chimay-Gaass op d'Welt komm, a war vun 1841 un zäitlewens Staatsbeamten, D'Grénn, firwat dëse Bureauchef an herno „Conseiller à la Chambre des Comptes" e Staatsbegriefnes mat Usproooch vum deemolege Staatsminister Paul Eyschen krut, leien awer bestëmmt nët dodran. .

Säi Liewen huet nët e sëllechen Héischten an Déifte kannt, mä wat hien de Lëtzebuerger ze gin hat, dat war d'Gefill fir hir eege Sprooch an d'Léift fir Lëtzebuerg a Land, dat déizäit jo erëischt richteg gebuer gouf a gewuess as.

Gewass, wa mer séng Gedichter haut liesen, da kann ee schmonzelen iwwer déi selleche Germanismen oder iwwer déi plazeweis kitscheg a fir d'Zäit vun hast nationalistesch Gefiller, déi do munchmol ausgeschott gin. Mä vergiesse mer nët: Viru Lentz an Dicks hat eis Sprooch nach nët vill opweises, an d'Sprooch huet si zwéi gebraucht, fir iwwerhaapt als Schreftsprooch Wuurzelen ze maachen.

Ët war ower nët nëmmen dat: Mam „Feierwon", deen 1859, wéi e fir d'éischt gesonge gouf, nach „d'Lëtzebuerger" geheescht huet, hat de Mechel Lentz d'Lëtzebuerger mat Wuert a Weis op där richteger Plaz gekëddelt. "T gouf eis éischt inoffiziell „Nationalhymne"; mä och den Text vun der „Lëtzecht" oder „Heemecht" staamt aus sénger Fieder; esouguer un der Weis, déi offiziell vum Antoine Zinnen as, soll de Lentz nët ganz onschëlleg gewiescht sin.

Hien huet eng Onmass Gedichter – an nëmme Gedichter! – geschriwwen; vill vun hinne gouf‌en der vertount a gin haut nach gesongen, wéi „Déi schéinste Blumm"; „Schlof, mai Kéndchen, schlof", „De Lompekreimer", „O D'Mamm, déi mech geléiert hir‌en", „Iwwer mir net e Stierchen", „Vu méngen Dueret goung eh hier"…Wat d'Heemecht an „Blo Blimmchen", „D'Margréitchen" a virun allem „Wéi méng Mamm nach huet gesponnen".

Och wann den Dicks an de Lentz sech zäitlewens wuel kannt hun, mä ni ganz „gréng" waren (Den Dicks hat énner anerem dem Schreftsprooch Wuurzelen ze maachen.

Ët war ower nët nëmmen dat: Mam „Feierwon", deen 1859, wéi e fir d'éischt gesonge gouf, nach „d'Lëtzebuerger" geheescht huet, hat de Mechel Lentz d'Lëtzebuerger mat Wuert a Weis op där richteger Plaz gekëddelt. "T gouf eis éischt inoffiziell „Nationalhymne"; mä och den Text vun der „Lëtzecht" oder „Heemecht" staamt aus sénger Fieder; esouguer un der Weis, déi offiziell vum Antoine Zinnen as, soll de Lentz nët ganz onschëlleg gewiescht sin.

Hien huet eng Onmass Gedichter – an nëmme Gedichter! – geschriwwen; vill vun hinne gouf‌en der vertount a gin haut nach gesongen, wéi „Déi schéinste Blumm"; „Schlof, mai Kéndchen, schlof", „De Lompekreimer", „O D'Mamm, déi mech geléiert hir‌en", „Iwwer mir net e Stierchen", „Vu méngen Dueret goung eh hier"…Wat d'Heemecht an „Blo Blimmchen", „D'Margréitchen" a virun allem „Wéi méng Mamm nach huet gesponnen".

Och wann den Dicks an de Lentz sech zäitlewens wuel kannt hun, mä ni ganz „gréng" waren (Den Dicks hat énner anerem dem Mischeldrapeau, d'Schwëster „Jongelchëlli" – Thibold/Iechternach – Fassian/Fëllen – Beck/Bartréng – Moes/Scheffleng – G'maacher – Beck/Bartréng – Moes/Scheffleng – G'maacher – Beck/Bartréng – M.-Joséphine/Dikrech Michels/Dudléng, d'Schwëster M.-Joséphine/Dikrech an de „Liarrulus quidam"… mä dat si mir och'

zwéin als hir Nationaldichter ugesin a se och matenee géiiert: Hirt Monument steet zanter 1903 hannen am Eck vun der Plëssdaarm.

Vum Rodange, deen ewell 1872 säi „Renert" erausgin hat, hun déi zwéi knapps Notiz gehollt; och nët vum Rodange sénger Doud. Dee krut säi „Fiisschen" och réischt 1938 op de „Knuedler" gesat. Haut wësse mer awer, wien „dee Grëtiste" vun deenen drüi war! Zäitlewens ewell „Volleksdichter" genannt ze gin, dat soet nët immer alles aus, mä Nationaldichter as de Lentz méi ewéi déi aner, well ët him jo och vrun allem em dat Nationaalt (am éierleche Sënn „de l'Etat à la Nation) gaang as… „Mäi Land as mäi Liewen…"

All déi dräi „Grousser" hun äis eppes gin, op deem duerno laang opgebaut gouf: D'Léift fir eis Sprooch an de Bewäis, datt mat hir och litteraresch eppes unzefänken as. "T gin der haut nach genuch, déi probéieren, si nozemaachen, och wann eis jéngst Literatur deenerte well laang forgeluf as… esou gutt, wéi si sech et nët besser hätte wënsche kënnen!

Mir hoffen an hätte gär, dat nët nëmme mir dëst Joer un de Lentz Misch denken.

j.b.

Eng Lëtzebuerger Sprooch-Akademie?

An engem laangen a vrun allem interessante Bréif op déi éischt Nummer vun eiser „KLACK" schreift e jonke Sprooch‌wëssenschaftler (32 Joer, Doktor am Fach!) séng Meenung. Mir hun hiren an nä Redaktiouns invitéiert a sin och frou an houfreg, den Här Berg ze begréissen als Matauerbecher iz hun. Dése klengen Artikel as e Stéck aus sénger Schreiwen. Mir soen him Merci fir d'Matmaachen an hoffen, datt nach vill aner Sprooch‌wëssenschaftler sech dozou invitéiert fille mussen, fir hiren Senf dozou ze ginn.

A D'Iddi as nët nei, ech weess, mee esou eng Institutioun as dach ewell laang schons iwwerfälleg. A ménger Dokterarbecht iwwer d'Sprooch‌situatioun bei zu Lëtzebuerg weisen ech no, datt d'Lëtzebuergescht haut‌desdags amgaang as, e kolossalen Opschwonk matzemaachen a bal alle Beräicher vun der Sprooch‌benotzung; säi „Prestige" as esou grouss wéi nach nicher vun der Sprooch‌benotzung; säi Niveau vum klasvirdrun; eis Sprooch huet ewell laang (a fir zergutt‌st) den Niveau vum klassesche‌n Dialekt hannert sech gelooss‌e; si as ferm drun, Aufgaben op sech ze lueden, déi enger „normaler" Sprooch, enger Schreftsprooch, hir sin. Auslännesch Linguisten, déi eis Sprooch‌situatioun ënnersichen, sin sech ewell laang eens, datt ët net méi deemo‌gen kann, d'Lëtzebuergesch als Dialekt „tout court" ze klassifiéiren, grad well et Beräicher fir sech erwerwt huet, déi der Regel no nët vun engem Dialekt oflgedeckt gin. Wat eis Sprooch awer méi e breede Gebrauch fir sech wellt hun, an domat grad am Schreftsprooch‌lechelen emmer méi liewerg an diversifiéiert gët, wat si och sprooch‌strukturell – wat hir Struktu‌ren, hir Ausdrucks‌méiglechkeiten, asw. ugeet – sech an Zoukonft vill méi staark diversifiéiere muss. Fir dat ze maachen an ze erweechen, as d'Aarbecht vun der A.L. nëideg, awer och den Asaz vu Linguisten, déi sech haaptberuflech am Kader vun enger Sprooch-Akademie (an nët dëser hannert sech gelooss‌e; si as ferm drun, Aufgaben op sech ze lueden, déi enger „normaler" Sprooch, enger Schreftsprooch, hir sin. Auslännesch Linguisten, déi eis Sprooch‌situatioun ënnersichen, sin sech ewell laang eens, datt ët net méi deemo‌gen kann, d'Lëtzebuergesch als Dialekt „tout court" ze klassifiéiren, grad well et Beräicher fir sech erwerwt huet, déi der Regel no nët vun engem Dialekt oflgedeckt gin. Wat eis Sprooch awer méi e breede Gebrauch fir sech wellt hun, an domat grad am Schreftsprooch‌lechelen emmer méi liewerg an diversifiéiert gët, wat si och sprooch‌strukturell – wat hir Struktu‌ren, hir Ausdrucks‌méiglechkeiten, asw. ugeet – sech an Zoukonft vill méi staark diversifiéiere muss. Fir dat ze maachen an ze erweechen, as d'Aarbecht vun der A.L. nëideg, awer och den Asaz vu Linguisten, déi sech haaptberuflech am Kader vun enger Sprooch-Akademie (an nët dëser hannert sech gelooss‌e; si as ferm drun, Aufgaben op sech ze lueden, déi enger „normaler" Sprooch, enger Schreftsprooch, hir sin. Auslännesch Linguisten, déi eis Sprooch‌situatioun ënnersichen, sin sech ewell laang eens, datt ët net méi deemo‌gen kann, d'Lëtzebuergesch als Dialekt „tout court" ze klassifiéiren, grad well et Beräicher fir sech erwerwt huet, déi der Regel no nët vun engem Dialekt oflgedeckt gin. Wat eis Sprooch awer méi e breede Gebrauch fir sech wellt hun, an domat grad am Schreftsprooch‌lechelen emmer méi liewerg an diversifiéiert gët, wat si och sprooch‌strukturell – wat hir Struktu‌ren, hir Ausdrucks‌méiglechkeiten, asw. ugeet – sech an Zoukonft vill méi staark diversifiéiere muss. Fir dat ze maachen an ze erweechen, as d'Aarbecht vun der A.L. nëideg, awer och den Asaz vu Linguisten, déi sech haaptberuflech am Kader vun enger Sprooch-Akademie (an nët dëser kémmeren hänen. *(Mir kommen an eiser KLACK nach dorop ze schwätzen)* Eng Sprooch-Akademie hätt d'Chance, sech als Autoritéit duerchzesetzen, net mat sprock decretéierten Normen a sprooch‌lechte Virschrëften, mee eleng opgrond vun enger legal sanktionéierter a konstruktiver Aarbecht fir eis Sprooch.

E Recht fir esou eng Institutioun, déi sech em d'Erhalen an den Ausbau vun dem historeschen a kulturellen Identitéits-Element „Sprooch" géng bekëmmeren as och politesch genee esou wichteg wéi all aner Kultur-Institu‌tioun (Musée, Archiv, Bibliothéik, Sites et Monuments…).

GB

Quiz-Froen?

Planzen an Déieren, déi zënter Jor an Dag bei doheem sin, hun och eiser Nimm een. Wéi wir ët, wa mir/Dir déi emol erëm gëngen opsichen an och gebrauchen? Wir dat nët e flotte Spaß? Um Stamminee, op engem Ralley, bei engem Quiz?

Och eisen „Hei Elei" kënnt bei dëser Saach immens flott matmaachen!?

ZRÉCK?

Probiéert emol selwer, wéi einfach een „zréck" aus eiser Sprooch kann erausloossen… mat „erem", „hannerzeg" an „hannesch". Fäert net, fir lech oder een aneren emol verstänneg an héiflech… erémzehuelen!

ACTIOUN LËTZEBUERGESCH – EIS SPROOCH

Adressen: Breedewee, 21 / L-1917 Lëtzebuerg
Postkascht 98 / L-2010
Telephon 47 06 12 – Fax 45 83 89
Cotisation/Mémber: 500 Frang (Postscheck: 6644-48)

Redaktiouns: Guy BERG – Josy BRAUN – Monique HERMES – Heng LEYDER – Lex ROTH – Jean WELTER

2

Sprooch-Hëllef

- Mir hëllefe gär, gratis an absolutt diskret alle Kandidate-Partéie fir hir schrëftlech Propaganda fir d'Gemenge-Walen (Fax 45 83 89). Eis Sprooch huet keng politesch Nues!
- Gemengen, déi hir Strooss‌en-Nimm wëllen (och) op Lëtzebuergesch maachen, si bäi äis un deer giedleger Adress. Mir kommen och op d'Plaz.
- Sprooche-Courë fir Auslänner: Tel.: 478-51 52 (H. René Hübsch, Direkter)
- Gemengen, Notairen, Bau-Promoteuren, déi laamscht verdächt gefaalen „Kadaster"-Nimm welle kommen, kréien eis Hëllef gär a gratis.

e Merci…

fir dës Dammen an Hären, déi äis geschriwen, oderfan och finanziell eng Staip gin hun. De 25. September (No 3) komme mir nach méi genee op si… an och op déi ze schwätzen, déi sech gerëiert hun. Eis Adress… an eise Scheck kennt Dir! Dës Dammen: Mack/Hereschdref – Moecher/Platen – Hippert/Stad – Scharz/G'maacher – Goebel/Stad – Hesse/Schweech – Becker/Heeschdref – Hary/G'maacher – Piper/Stad – Zahlen/Iterg – déi Hären Nicolay/Ettelbréck – Moes/London – Nilles/Sandweiler – Jungelch/Ell – Thibold/Iechternach – Fassian/– G'maacher – Beck/Bartréng – Moes/Scheffleng – Michels/Dudléng, d'Schwëster M.-Joséphine/Dikrech an de „Liarrulus quidam"… mä dat si mir och'

Natierlech war - an ass - net jidferee mat allem averstan, wat an der KLACK laut, mä dat ass jo och guer net verlaangt. An der KLACK fënnt een allméiglech Pied, Weeër, Stroossen an Autobunnen op eis Sprooch lass; do muss net jidderee ‚matfueren'; all Diskussioune waren a bleiwen op. Mir kënne roueg behaapten, datt eis Publikatioun zesoen eng national Institutioun ginn ass, déi der Sprooch hëlleft, e ‚Gesiicht' ze ginn… och an eiser schéiner, neier a prima fonktioneller Nationalbibliothéik!

***Lex Roth**, Januar 2020*

cng KLACK fir eis SPROOCH
20. Joer
Nr. 202

Actioun Lëtzebuergesch – Eis Sprooch
2, Sosthène-Weis-Strooss – L-2722 Lëtzebuerg
Tel.: 47 06 12 – Fax: 22 24 90
E-Mail: actioun.sprooch@pt.lu – faberre@pt.lu – lexroth@pt.lu
www.actioun-letzebuergesch.lu
Cotisatioun: 13 € – CCPL LU75 1111 0066 4448 0000

COMITÉ a REDAKTIOUN: ATTEN Mariette, BACHE Claude, FABER René, MARBES Henri, ROTH Lex, THEIN Joé, WEBER Vic, WILMES Paul, WEIRIG Maryse a VOORWINDE Marvine (Administratioun resp. PC + Internet)
CAISSE-REVISIOUN: HEYNEN Roger, KAELL Jean-Claude, WAMPACH Jos.
Nächst Klack (Nr. 203): Samschdes, de 5. Juli 2014

National- oder offiziell Sprooch? Referendum!

vum Lex Roth

(Foto: Teddy Jaans)

Eppes un der Verfassung ze änneren oder bäizesetzen, dat war „an der Zäit" eng ganz haart Noss, **déi streng a komplizéiert ëm dräi juristesch/legal schaarf Ecke** gaang ass. Et ass och gutt, datt d'Grondgesetz vun engem zivilisiéiert-demokratesche Staat net egal fir wat all „gudde Broutdag" ka geännert ginn.

Wat eis Sprooch ugeet, hu mir **referendumsméisseg e speziell staarke „Souvenir"**, deen äis un den 10. Oktober 1941 erënnert, wou d'Nazifatzerten de Lëtzebuerger iwwer een als „Personenstandsaufnahme" verkleete Referendum de Wee „*Heim ins Reich*" wollte weisen. Dat formidabelt Resultat dovun – 3 mol nix däitsch mä lëtzebuergesch, och fir d'Lëtzebuerger Sprooch! – ass haut **d'Wuerzel vun der „Journée de la Commémoration nationale"** …, déi (bei allem Respekt fir eis traditionell Gebräicher) am Fong eisen Nationalfeierdag an Éierendag vum Grand-Duc misst sinn.

Den 23. Juni ass eng wäitleefeg Erënnerung un de Gebuertsdag vun eiser héich veréierter Grande-Duchesse Charlotte …, déi ower selwer der Meenung war, datt een deen nationale Feierdag sollt an eng besser Joreszäit wéi den 23. Januar, matzen am Wanter, leeën. Zënterhier geet och **praktesch keng Ried méi vu Grouss-herzogs- resp Kinneksgebuertsdag, mä vun Nationalfeierdag!** Wat sech do am Numm vun deer Feier geännert huet, dat misst emol méi iwwerluecht ginn. Den 10. Oktober hätte mir äis alleguer als groussen an houfregen nationale Volleksferendum stellen?

Et ass gewosst, datt **d'Lëtzebuergesch seng Plaz an nächster Zäit an eis Constitutioun fënnt.** Mä et steet nach net fest, wou dat soll sinn a wéi eis Sprooch „libelléiert/tituléiert" gëtt. An der Virbereedungs-Commissioun fir d'Sproochgesetz vun 1984 hu mir äis kloererweis och iwwer den Énnerscheed tëscht „langue nationale" a „langue officielle" laang Gedanke gemaach, also tëscht deer allgemenger Sprooch vun de Lëtzebuerger an dem komplexe Sproochgebrauch op „offiziellem" Plang. Do läit, fir Lëtzebuerg spezifesch, eng däitlech Differenz!

Kee verstännege Mënsch kann eppes géint déi 2 „friem" Sprochen hunn, déi zënter ronn 10 Generatiounen hei an der Schoul an am offizielle Sproochgebrauch „doheem" sinn … mä eis Natioun ass weder franséisch- nach däitschsprocheg. A wouraus besteet eng Natioun?!

D'Lëtzebuergesch – e kloer germaneschen IDIOM, grad eweí d'Nidderlännescht, dat Dänesecht/Skandinavesecht – ass nun emol **déi Sprooch, an deer mir äis hei bannent eise ronn 2 600 km² verstännegen.** Ënner „mir" sinn net simplistesch „Awunner" oder esouguer, statistesch-iwwerdriwwen, och nach eis „Frontalieren" ze verstoen. D'Natioun, dat sinn – wéi am Frankräich d'Fransousen, an England d'Engländer, a Spuenien d'Spuenier oder am Portugal d'Portugisen, an der Schwäiz d'Schwäizer – nun emol **déi, deenen dat Land souverän an international-rechtlech gehéiert.** Datt si sech alleguer matenee kënne fir dësen oder deen Zweck zesummendoen, ass verstänneg an eng Chance … ower jiddereen ass a bleift zugudderlescht Meeschter „op sengem Haff"! Mir och.

D'Madame Viviane Reding – déi äis mengerwärreg als EU-Commissaire dobausse kee schlechten Numm gemaach huet – weess, vu wat si schwätzt, wann si seet, **mir butzeg Knatzerte wieren, grad eweí aner „Klenger", ganz séier „ënnergebottert",** wa mir äis net fir eis Rechter génge wieren. Vrun allem doduerch, datt mir mat eise klenge Mëttele weisen, wie mir sinn: Dat fänkt bei eisen Nationalen Symbolen un: eise Fändel/Wopen; eis Nationalhymn … an eis Sprooch. Genee dat soll och kloer – wéi an anere Länner – an eiser Verfassung stoen … a firwat net iwwer Referendum?!

Führerschäin oder Permis?

Mir gebrauchen déi zwéin Ausdréck. Ower fir Motor, Auto, Camion oder Bus ze fueren, muss een e „Führerschäin" hunn, deen ee … „gemaach" huet. Ob dat äis elo passt oder net: Hei hu mir et zwar mat engem houbescht-däitschen Ausdrock ze dinn; **et guff ower ni en aneren, an domat ass dat och da gehal.** Mir hu jo och e „*Schalter*" an e „*Stecker*" … a wien dorun eppes „à la flamande" wëllt änneren, deen ass en overstännege Fanatiker, basta.

Wëllt dir fir fëschen oder op d'Juegd ze goen „an der Rei sinn", da geet bei äis vun engem „Permis" rieds; domat ass kloer, datt mir äis ouni Problem grad esou gutt e franséische wéi en däitschen Ausdrock an eiser flotter Sprochsituatioun kënne leeschten … wa mir (leider) net selwer e lëtzebuergescht Wuert dofir (gemaach) hunn. Bei enger Partie Ausdréck, **apaart um technesche Plang,** ginn esouguer de franséischen an den däitsche gebraucht: huelt emol de „Lautsprecher/Hautparleur". Hei kënnt ee sech eng flott Diplomaarbecht fir e Bachelor- oder Masterkandidat virstellen … Mir sinn, wéi schonn sou dacks, prett, fir ze hëllefen!

Dem Kinnek säi Bouf?

Et ass **eng Fro vu Sprochgefill,** wéi een e Jong an deene verschiddenen Altersperioden nennt. Esou ongefeier, wéi e Meedchen ëm déi 15 Joer eng „Joffer" gëtt, huet **och e Bouf e Recht drop, da kee „Bouf" méi ze sinn,** mä e Jong. Op d'mannst eng Grimmel gelungen ass et ganz kloer, wann ech fir mäi Jong vu 40 oder nach méi Joeren, dee vläicht och längst ewell Papp ass, nach ëmmer vu mengem „Bouf" soll schwätzen; wéi gesot: eng Saach vu Sprochgefill … oder vun enger Zort Flappegkeet.

Wien säi Jong **„Fils" (Fiston, Fissi)** oder säi Meedchen **„Duechter"** wëllt nennen, deem sief dat roueg vergonnt. Dee Stater „Son" kann een zwar mam hollännesche „Zon", dem englesche „Son" oder dem däitsche „Sohn" explizéieren; am Lëtzebuergeschen huet et esou eng Zort Geroch no „Pupégkeet" vu „bessere Leit". Och an der Kierch. Et passt einfach net an eis Sprooch. **„Jong" läit ëmmer richteg an eisem Ouer.** An deem Streech: Wéi kënnt et iech da vir, wann elo dem spuenesche Kinnek säi Jong bei äis plazeweis als dem Juan säi „Bouf" dohinner gestallt gëtt? Dat ass dee flotte Kärel ganz sécher net. Datselwecht gëllt fir eisen lerfgroussherzog Guillaume!

Eise Fändel

Mir hunn elo **nach exakt 14 Deeg,** fir drun ze denken, driwwer ze „kalenneren", ob mir fir Nationalfeierdag e Lëtzebuerger Fändel sollen eraushänken oder an d'Fënster stellen. Dir kritt se an alle Gréissten a Präisser ze soen op jiddwer „Strooseneck"!

Dat huet näischt mat naivem „Nationalismus" ze dinn, mä mam **Merci fir d'Chance,** datt mir net e Motzeck vun engem Nopeschland gi sinn; mam **Respekt** fir déi, déi eist Land opgebaut … a mat Leed, dacks dem Doud, fir äis vertiioune vu „frieme" Leit, déi bei äis komm sinn, sech hei eragelieft an eng nei Heemecht fonnt hunn!

Brauche mir Knospen?

Ganz kloer NEEN! **Dat sinn a bleiwe „Knäpp",** an zwar op eng ganz Partie Fassongen. Bei äis si Planzen „an de Knäpp", wann si am Däitsche „*Knospen haben*" … dofir ass am Lëtzebuergeschen och näischt TV-„knuspereg", mä „krupseg", wat esou gutt „kréckelt", wann een drop knat. „Knäpp am Gesiicht" mussen der „acné juvénile" och keng Plaz maachen, an ewech ginn se jo d'meescht vum selwen. Wann ee „Knäpp huet", dann huet dat näischt mam Gesiicht ze dinn, och net mat der „Knäppercheschharmonika" oder mat all deene komplizéierte „Knäppercher", mat deenen e Pilot muss eens ginn. Mat de Knäpp si mir och bei der **Famill vum Knapp a vum Knäppchen oder der Knupp op eiser Kadasterkaart;** et war eng schéin Iddi, datt de „Geesseknäppchen" zu Märel an der Zäit net extra fir den Atheneum émgedeeft ginn ass … och wann et elo e sëlleche „Knäpp kascht", fir dat ganzt Gebai „bannebaussen" ze dréinen. Déi Saach ass ower elo gutt „an de Knäpp"!

Ëmpeg?

Bei all deem **Gefiedermëchels ëm Gewiichter a Gesiichter** kënnt eis Sprooch gutt no … an esouguer mat Ausdréck, déi typesch eiser sinn! Oder mengt dir, zu Berlin géng ee verstoen, wat e „gouerege Rippchen" ass; en „décke Schweessert"; e „Spizert"; eng „houfreg Huppegeess"; e „Plakapp"; e „gakege Flantes"; eng „vermengte Popp"; e „laangt Bëtschel"; e „kleespere Männi"; e „razege Knatzert"?

Wann et méi graff gëtt, dann héiere mir **och Ausdréck, déi näischt méi mat fein oder manéierlech, ower mat typesch Lëtzebuergeschem ze dinn hunn:** roude Weckdéif, wäisse Biischtert, schiele Guckuck, Baluckert, dawe Mëtteg, krommen Hond … alles wéi net schéin! Mengt ower nëmmen net, dat giff et an anere Sproochen net ginn; wat haalt dir dann z.B. vun deem franséische „*cul-de-jatte*"?

Generalversammlung

vun der Actioun Lëtzebuergesch – Eis Sprooch

Samschdes, de 14. Juni, um 16 Auer

an der Stad „Am Dierfchen" (rue du Nord/Cassinosgaass)

50 Joer Publikatiounen

Jérôme Lulling
Verbentabellen op Lëtzebuergesch
Let's learn the most common Luxembourgish verbs easily & quickly!
• 650 common verbs & their conjugation
• 1300 example sentences illustrating verb use
• Complete grammar tables
English translation by Tom Weidig & Christine Dury
EIS SPROOCH
erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch
EXTRA-SERIE / Nr. 16
Dr Georges THEVES
Vëtrinär
Mat de Lëtzebuerger Vëtrinären ënnerwee
eis sprooch
erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch
WAT DRAN AS:
NEI FOLLEG
XXVII. JOR/1989
Nr. 27
eis sprooch
erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch
WAT DRAN AS:
NEI FOLLEG
XXV. JOR/1987
Nr. 21
EIS SPROOCH
erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch
EXTRASERIE NR 1
RENE KARTHEISER
RICK
Adel Weis
um Vaubang
alstaadter Geschichten
Louis Miesch
Tim an Anouk Peiffer
DEN TEXASNUCKES
eis sprooch
erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch
WAT DRAN AS:
NEI FOLLEG
XXIV. JOR/1988
Nr. 24
EIS SPROOCH
erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch
Nr. 13 / Nei Folleg / XIX. Jor / 1981
Wat dran as:
EIS SPROOCH
erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch
Gréng a Rout Lëschten
EXTRA-SERIE
Nr.20/1998
kommt mir léiere lëtzebuergesch
ACTIOUN LËTZEBUERGESCH
EIS SPROOCH
ACTIOUN LËTZEBUERGESCH EIS SPROOCH
2, Sosthène Weis Strooss
L-2722 Lëtzebuerg
Tél.: 47 06 12
Fax: 22 24 90
eis sprooch
erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch
WAT DRAN AS:
NEI FOLLEG
XXVII. JOR/1989
Nr. 26
eis sprooch
erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch
WAT DRAN AS:
NEI FOLLEG
XXIV. JOR/1988
Nr. 22
EIS SPROOCH
erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch
EXTRA-SERIE / Nr. 17
Eis Virnimm
EIS SPROOCH
erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch
EXTRASERIE NR 12
RADIOSSPILLER:
Dräi Nimm pro Schung
Ganz hannen an den Träng
vum Jhemp Hoscheit
EIS SPROOCH
erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch
Nr. 10 / Nei Folleg / XVII. Jor / 1979 / Präis 200 F.
Wat dran as:
EIS SPROOCH
erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch
Nr. 15 / Nei Folleg / XXI. Jor / 1983
Wat dran as:
Eises...
100%? – 90%?
80%? – 50%?
EIS SPROOCH
erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch
Nr. 9 / Nei Folleg / XVI. Jor / 1978 / Präis
Wat dran as:

Rezent Aktivitéiten

AL Stand op de Walfer Bicherdeeg 2017

All Generatioune si vertrueden um AL Stand 2018

Comité 2018

E Kaddo fir eis laangjäreg Sekretärin Maryse Weirig-Hensel 2019

Neijooschpatt 2018

Generalversammlung 2019

Ausfluch op Wolz 2019

D'sëlwer Plaquette fir d'Walfer Bicherdeeg 2017

Hierschtpatt 2018

Generalversammlung 2019

Aarbecht um Laptop 2019

Iwwerreeche vun der sëlwer Plaquette un de Mil Goerens um Hierschtpatt 2018

Eis Sprooch als Bäitrag fir d'Lëtzebuerger Kultur

De 27. November 1971 ass d'"Actioun Lëtzebuergesch" offiziell gegrënnt ginn. Am deemolege Pôle-Nord an der Stad. An de Statute vun der Vereenegung ouni Gewënnzweck heescht et am Artikel 3: "Den Zweck vun der Vereenegung ass fir alles anzetrieden, wat lëtzebuergesch ass, apaart fir eis Sprooch, geschwat a geschriwwen."
An der Nummer 1/1972 vun der Zäitschrëft "Eis Sprooch" schreift den éischte President vun der A.L., Lex Roth, am Artikel: "Woufir eng 'Actioun Lëtzerbuergesch': "Mir sinn esou op hausmaacher Saachen aus... eis hausmaacher Sprooch geheie mer op d'Mëscht." An de René Kartheiser (1926-2009) bréngt et am Gedicht "Eis Sprooch" esou op de Punkt:

"Franséisch an Däitsch däerf iech gefalen,
mä wat dir musst an Éieren halen,
dat ass eis Sprooch... well si ass d'Muerg
vum klenge Ländche LËTZEBUERG!"

Am Joer 2020 hunn ech mech ganz laang mat engem Bäitrag befaasst, deen ech 1997 fir d'Fach "Lëtzebuerger Kultur" am "Examen Concours" fir de Schoulmeeschteschberuff zesummegestallt an 1999 eng éischte Kéier iwwerschafft hat. Wéi de jëtzege President vun der "Actioun Lëtzebuergesch – Eis Sprooch", Claude Bache, mech du gefrot huet, fir dee ganze Bäitrag fir dës Publikatioun ze resüméieren, hunn ech gär "Jo" gesot. Hei ass en...

****

Eréischt 1984 gouf déi Sprooch, déi mer zënter der Mëtt vum 19. Joerhonnert als "eis Sprooch" ugesinn, d'Lëtzebuergescht, och eis Nationalsprooch. Schonn de 17. Juni 1980 hat d'Chamber eng Motioun iwwer de Gebrauch vun der Sprooch am Lëtzebuerger Land ugeholl. Mat dem Gesetzprojet 2535 kënnt d'Regierung e puer Joer méi spéit (1984) dem Wonsch no, deen an där Motioun ausgedréckt gi war: D'Lëtzebuergescht ass d'Nationalsprooch vum Lëtzebuerger Vollek. Dat ass – an e puer Sätz zesummegefaasst – d'Gesetz vum 24. Februar 1984.
Am Volleksmond huet dat neit Gesetz ganz séier den Numm "Sproochegesetz" kritt. Dora geet nämlech och Rieds vun deenen aneren zwou Sproochen, déi an eisem Land gebraucht ginn: d'Däitscht an d'Franséischt. Grad Lëtzebuerg ass jo international bekannt wéinst senger Dräisproochegkeet.

Géif et dat, wat mir "eng Lëtzebuerger Kultur" nennen, iwwerhaapt ouni eis Sprooch ginn? D'Äntwert op dës Fro ass en däitlechen NEEN!

Looss mer fir d'éischt e bëssen an eiser Geschicht bliederen.

1) E “Spillball” vun deene Groussen

Joerhonnerte laang war dat klengt Lëtzebuerg, dat esouzesoen tëscht zwou grousse Kulture läit, de “Spillball” vun deene Groussen.
Um Wiener Kongress (1815) hunn déi Mächteg aus Europa fir d’alleréischt vun engem eegestännege Staat Lëtzebuerg geschwat. D’Land ass esouguer zum Groussherzogtum erhuewe ginn. Et versteet sech awer vum selwen, datt een zu deem Zäitpunkt wuel kaum vun engem Nationalgefill an och net vun enger eenheetlecher Lëtzebuerger Sprooch schwätze konnt. Et ass nämlech nach e ganz wäite Wee bis zur Onofhängegkeet vu Lëtzebuerg am Joer 1839 a bis zur Neutralitéit am Joer 1867.
Aus dem spéiden 19. Joerhonnert muss een awer nach eng weider wichteg Etapp zréckbehalen: d’Joer 1890, wéi Lëtzebuerg mam Groussherzog Adolph vun Nassau (1817-1905) säin éischten eegene Groussherzog a seng eegen Dynastie kritt huet.
“Summa summarum” hu mer et awer am 19. Joerhonnert zu Lëtzebuerg mat engem klenge Vollek ze dinn, dat op der Sich no senger Identitéit ass an dat – besonnesch no 1839 – no an no en Nationalgefill entwéckelt.
Vun deem Zäitpunkt u kënne mer och no an no vun enger eenheetlecher Sprooch – also vum Lëtzebuergeschen – schwätzen.

2) Eis Sprooch an där éischter Halschecht vum 19. Joerhonnert

Wéi ass et dann elo mat der Sprooch an deem wichtege Prozess vun engem klenge Vollek op der Sich no senger Identitéit?

Do muss ee fir d’éischt an der Literatur bliederen. “E’ Schrek ob de’ Lezeburger Parnassus”, heescht dat Bichelche mat Gedichter, dat 1829 erauskoum. Säin Auteur, de Lëtzebuerger Antoine Meyer (1801-1857), gëtt domat zum Begrënner vun der Literatur op Lëtzebuergesch. D’Sprooch vu senge Gedichter ass awer nach zimlech “holpereg”.
E Bewäis dofir, datt eis Sprooch sech no an no entwéckelt huet, ass ganz sécher och deen éischte Lëtzebuerger Dixionär, de “Lexicon der Luxemburger Umgangssprache (wie sie in und um Luxemburg gesprochen wird) mit hochdeutscher und französischer Uebersetzung und Erklärung” vum Johann Franz (Jean-François) Gangler (1788-1856). Dëst Wierk koum 1847 eraus.

Zur Kultur – an och zur Sprooch – gehéiert ganz sécher och d’Vollekslidd. A grad am Vollekslidd si schonn an der Mëtt vum 18. Joerhonnert Spuere vun eiser Sprooch ze entdecken! E Spillmann vu Gréiwemaacher, e gewësse Mathias Schou (1747-1824) deen ënner dem Numm “blannen Theis” an d’Geschicht vun eisem Vollekslidd agaang ass, hätt déi éischt Lidder an eiser Sprooch virgedroen, heescht et.

3) D' "Kapphäre" vun eiser Sprooch

Dräi "Kapphären" oder Klassiker vun eiser Sprooch muss ee ganz besonnesch ervirhiewen: de Michel Lentz (1820-1893), den Edmond de la Fontaine – alias Dicks – (1823-1891) an de Michel Rodange – Nannetts Méchel – (1827-1876). Ouni dës Kapphäre wär eis Sprooch – a wär eis Kultur – net dat, wat si haut ass.

- ***De Michel Lentz (1820-1893)***

De Michel Lentz, koum den 21. Mee 1820 an der Stad an der Dräikinneksgaass op d'Welt – dat ass haut d'Chimay-Strooss. An deem Joer, wou dem Lentze Misch säin 100. Doudesdag begaang gouf – hien ass den 8. September 1893 gestuerf – huet d'Chamber dat Lidd, wat d'Lëtzebuerger am Ufank ganz einfach "d'Uelzecht" genannt hunn, offiziell zum Lëtzebuerger Nationallidd deklaréiert; dat war de 27. Juli 1993. Et handelt sech heibäi ëm déi éischt an déi véiert (lescht) Stroph vun der "Heemecht" – geschriwwe vum Michel Lentz, vertount vum Jean-Antoine Zinnen (1827-1898).
An de Lentz huet och nach dat Geleeënheetslidd geschriwwen, dat de 4. Oktober 1859 fir d'éischt gesong ginn ass: "De Feierwon". Deemools ass zu Lëtzebuerg deen éischten Zuch gefuer. All Mënsch kennt des Weideren "D'Schuebermëss", oder "Den Hämmelsmarsch". Et ass eent vun deene Lidder, déi de Lëtzebuerger a Fleesch a Blutt iwwergaang sinn, an et ass vu kenger Kiermes ewech ze denken. Dem Lentz seng Gedichter (a Lidder), déi eng ganz grouss Léift zu deem Këppchen Äerd opweisen, dee mir "Heemecht" nennen, hunn eng lyresch-idealiséierend Tendenz", wéi de Fernand Hoffmann (1929-2000) et ausdréckt. De Lentz wollt d'Lëtzebuergesch "salonfäeg" maachen, och fir déi besser Gesellschaft. Dës "lyresch-idealiséierend Tendenz" fanne mer méi spéit erëm bei engem Willy Goergen (1867-1942), engem Marcel Reuland (1905-1956), engem Jos. Keup (1891-1981) an engem Tit Schroeder (1911-1986), fir emol nëmmen déi ze nennen.

- ***Den Edmond de la Fontaine (1823-1891)***

Hie war Affekot, Friddensriichter an och nach Schlasshär a Buergermeeschter. Awer säin Numm huet e sech ganz sécher als Dichter gemaach, als VOLLEKSDICHTER, well et ass dee gréissten, dee mer bis elo haten. Deen Numm, ënner deem e bekannt ass, ass iwwerhaapt net säin Numm, mä säi Spëtznumm: den Dicks, alias Lucien, Irvin, Edmond de la Fontaine.
Dem Dicks säi Wierk fänkt u mat dëse Versen:

An enger kaler Wanternuecht –
't war héije Schnéi gefall –
Du gong de Wëllefchen op d'Juegd.
E gong wuel iwwer Bierg an Dall.

Dat ass déi éischt Stroph vun deem bekannte Gedicht: "De Wëllefchen an de Fiisschen". Wéi den Dicks et geschriwwen huet, soll en eréischt 14 Joer gehat hunn! An 1848 koum mat dem Gedicht "D'Vulleparlament am Grénge-wald" eng Satir eraus, déi d'Deputéiert vun deemools op de Bam gedriwwen huet!

En eemolege Genie ass eisen Dicks, wann et ëm seng Operette geet. “D’Mumm Séis – De Scholdschäin – D’Kiermesgäscht – De Ramplassang – Op der Juegd”... Dat si se wuel net all, awer dat ass alles “Grand Premier Cru”! Do lieft e Vollek, an dora fënnt et sech erëm – bis haut! Do ass e Genie vu Volleksdichter um Wierk, deen et wéi keen zweete versteet, dem Vollek op de Mond ze kucken!
An da kommen tëscht 1857 an 1893 verschidde folkloristesch Wierker eraus mat Lëtzebuerger Spréchwierder a Riedensaarten, mat Spréchelcher fir Kanner, mat Lëtzebuerger Soen a Legenden an och mat Lëtzebuerger Bräich. Dat alles ass e ganz wichtegen Deel vun deem, wat mir “Kulturgutt” nennen.

Den Dicks als Nationaldichter a Volleksdichter an den Dicks als Papp vum Theater op Lëtzebuergesch! Dëse Meeschter ass aus eiser Sprooch, aus eiser Literatur, aus eiser Kultur an aus dem Siche vun engem klenge Vollek no senger Identitéit net ewech ze denken!

Wann een elo och nach weess, datt dësen Dicks e Lëtzebuerger Dixionär – wuel net deen éischten! – esouzesoe fäerdeg do leien hat, da kann ee roueg behaapten, datt hien e ganz grousst Stéck zu deem bäigedroen huet, wat mir haut “eng eege Lëtzebuerger Kultur” nennen...

- ***De Michel Rodange (1827-1876)***

Zu Waldbëlleg ass de Michel Rodange oder Nannetts Méchel den 3. Januar 1827 op d’Welt komm. Wéi hien de 27. August 1876 gestuerf ass, war en nach keng 50 Joer al. An e krut och kee Staatsbegriefnes – trotz dem “Reenert”...

An dach ass de “Reenert oder De Fuuss am Frack an a Maansgréisst” dem Rodange säi Meeschterwierk! Mat dësem “Nationalepos”, iwwregens deem eenzege klassesche Wierk an eiser Literatur, huet hie sech en Numm gemaach, dee wäit iwwer dat Gewéinlecht erausgeet. Och, wann en zu Liefzäiten net unerkannt ginn ass. Haut – bal 150 Joer no senger Veröffentlechung – ass de “Reenert” “d’Bild vum Lëtzebuerg aus där Zäit, e Bild, dat haut nach ze vill wouer ass op esou munche Gebitter” (Henri Rinnen (1914-1998)), – ganz einfach dat Bescht, wat mer an deem Genre hunn, wuel bësseg an zäitkritesch, awer méi wéi sécher e bedeitend Stéck Lëtzebuerger Kultur!

Am Joer vum Sproochegesetz, 1984, huet d’Actioun Lëtzebuergesch – Eis Sprooch iwwregens déi dräi Kapphäre vun eiser Sprooch, déi allen dräi an där Zäit gelieft hunn, wéi eist Ländche seng éischt Schréck an d’Onofhängegkeet an an d’Fräiheet an domat och an eis Sprooch an an eis Kultur gemaach huet, op enger Plaquette veréiwegt.

4) E puer aner bedeitend Dichter a Schrëftsteller erauspickt

Wat d'Lëtzebuerger Dichter a Schrëftsteller ugeet, esou ginn et der nach eng ganz Partie, déi eiser Sprooch – an domat eiser Kultur – hire Stempel opgedréckt hunn. Et ass einfach onméiglech, se hei all opzezielen.
Looss mer dofir, stellvertriedend fir se all, der dräi erausgräifen:
den Auguste Liesch (1874-1949), wéinst senge sprëtzege Gedichter,
de Marcel Reuland (1905-1956), wéinst senger eemoleger Lyrik,
de Pol Pütz (1947-2012), wéinst sengem wichtege Bäitrag zum Cabaret an eiser Sprooch.

- ***Den Auguste Liesch (1874-1949)***

Besonnesch beim Auguste Liesch fanne mer deen Hank zur Satir an zur Ironie erëm, dee laut dem Professer Fernand Hoffmann zum Charakter vum Lëtzebuerger Vollek gehéiert. Well hien huet et grad ewéi den Dicks verstan, dem Vollek op de Mond ze kucken. All Mënsch, a besonnesch all Kand, kennt wuel d'Geschicht vun der Maus Ketti (1936), där sympathescher Feldmaus vu Biermereng, déi Besuch vun hirer Kusin Mim aus Clause kritt...
Richteg spëttesch sinn eenzelner vum Liesch sengen anere Gedichter, déi een am Bichelchen "Allerhand" (1947) noliese kann. "D'Hochzäit an der Kathedral – Beim Dokter – D'Vollekskichen" a vill anerer sinn och haut nach bekannt.

- ***De Marcel Reuland (1905-1956)***

An der Persoun vum Marcel Reuland muss ee wuel fir d'éischt den "Theatermann" gesinn. "Op der Kiermes – D'Spill vun der Bidden – E Summerdram – Gutt Noperen – De Friddche gëtt Dokter"; dës Theaterstécker sinn e Begréff fir vill Leit. Firwat? Ma fir d'éischt fanne mer e bëssen eise gudden alen Dicks erëm, och wann eng aner Tendenz mat erakënnt.
Awer de Marcel Reuland huet sech och en Denkmal gesat mat senger éischtklasseger Lyrik. Et gëtt kaum eng Joreszäit, kaum e Fest, kaum e Brauch, déi hien net an engem vu senge gefällege Gedichter beschriwwen hätt. "Beim Uewen – De Sandmännchen – Den Ouschterhues – Den Zën Neklees-chen – D'Mamm – 't gëtt Hierscht – Elle Wieder – Am Wanter"; dat ass ganz einfach e Stéck vun äis, e Stéck vun der Lëtzebuerger Séil... Do lieft aalt Volleksgutt op, do kann een dreemen, do ass een doheem...

Um Gebitt vun der Lyrik deet een och engem Nik. Gonner (1835-1892), engem Tit Schroeder (1911-1986), engem Jos. Keup ("Monni Jos") (1891-1981) oder engem René Kartheiser (1926-2009) – deen och mat gudder Prosa opgewaart huet – Onrecht, wann ee se net wéinstens ernimmt. An et gi sécher och nach eng Partie aner gutt Lyriker, wéi z. B. de Robert Gollo Steffen (* 1952) oder de Jean-Michel Treinen (1954-2016) – hien huet och Prosa geschriwwen... E ganz besonnescht Gedicht vum Museldichter a Schrëftsteller Nikolaus Hein (1889-1951) soll op dëser Plaz och zitéiert ginn. Et handelt sech ëm "Mäi Wéngert", vertount vum Nicolas Entringer (1855-1969).

- ***De Pol Pütz (1947-2012)***

Dem Pol Pütz säin haaptberufflecht Wierkungsfeld war d'Kriminalpolizei. Mä hien huet och als Auteur vun déifsënnege Gedichter a vu sprëtzegen Texter fir Revuen a Cabareten gewierkt. Grad dora leien dem PoP seng Stäerkten. Säin éischten Text huet en am Alter vu 16 Joer publizéiert. Et koumen der ganz vill no. Dacks huet hie mam Pir Kremer (Pik) (1919-2000) a mat villen anere gläich gesënnte Frënn geschafft.

Wa mer scho beim Cabaret sinn, dann däerf ee grad Nimm wéi Pir Kremer (Pik) (1919-2000), Josy Braun (1938-2012), z. B. mat dem Cabaret J. B., deen hie gegrënnt huet (duerno: Cabarenert), oder Jemp Schuster (* 1948) a Jhemp Hoscheit (* 1951) net vergiessen.
Besonnesch de Pir Kremer gehéiert zu deene beléifste Satiriker vu Lëtzebuerg. Op seng humorvoll, ironesch Manéier huet hien et fäerdegbruecht, op Mëssstänn opmierksam ze maachen, ouni ze blesséieren.

An et däerf een och d'Revue, dee satiresch-kabarettistesche Joresréckbléck, dee vun 1957 u vum Lëtzebuerger Theater opgefouert gëtt, net lénks leie loossen. Eng éischt Oplo dervu gouf et schonn 1896, geschriwwe vum Alexis (Lexi) Brasseur (1860-1924). Vun 1957 bis 1975 huet dee bekannten Theaterregisseur an talentéierte Schauspiller Ugen (Eugène) Heinen (1914-2006) Regie gefouert. De Claude Fritz (* 1948) an de Fons Kontz (1944-2015) sinn aner bekannt Regisseure vun der Revue.
Eng ganz Partie opzeweisen um Gebitt vu "Revue a Kabarä" huet och de Josy Christen (Jochri) (* 1950). Vill dovu kann een noliesen a sengem Buch "Häppi Lëtzebuerg". Och Cabaretsauteure wéi Pierre Puth (* 1943), Mars Klein (* 1948), Josiane Kartheiser (* 1950), Jhemp Hoscheit (* 1951) – mir schwätzen nach soss vun him –, Jay Schiltz (1958-2020), Roland Gelhausen (* 1959) oder Michèle Turpel (* 1967) sollen op d'mannst ernimmt ginn.

An et muss een och op verschidden aktuell Cabaretsgruppen hiweisen, z. B. Batter Séiss, Feierstëppler, Makadammen, Muselmänner, Nei Revue, Peffermill(ch)en, Sténkdéier an nach eng Partie anerer.

5) Prosa op Lëtzebuergesch

Wann et ëm d'Prosa an eiser Sprooch geet, da muss ee wuel bis bei den N. S. Pierret – oder Nikolaus Steffen-Pierret – (1833-1899) an deem seng "Geschichten aus der Uucht" (1898) zréckgoen. An dann däerf een Nimm wéi Caspar Mathias Spoo (1837-1914), Lucien Koenig (1888-1961), alias Siggy vu Lëtzebuerg, z. B. mat senge "Mënschekanner" (1918) – hie spillt och eng Roll am Theater an eiser Sprooch – Isidore (Isi) Comes (1875-1960) mat der Erzielung "Den neie Postmeeschter" (1930) an Nicolas Pletschette (1882-1961) mat der Geschicht "De Schousterpittchen" (1956) op kee Fall vergiessen.

Et muss een awer och e Bléck an d'Zäit méi no bei äis werfen. De René Kartheiser (1926-2009) ass ee vun deenen éischten Auteuren, déi nei Weeër an der Lyrik an an der Prosa op Lëtzebuergesch gesicht hunn. Säi

Gefill fir d'Sprooch kënnt zum Duerchbroch a Wierker wéi "Nuets ass d'Welt ronn – Abee, hei hutt dir et! – Wëlle Wäin – Rick: D'Geschicht vun engem Héngerdéif – De Kapp an de Stären – 20 Joer duerno", fir emol nëmmen déi ze nennen. De René Kartheiser, deen exklusiv op Lëtzebuergesch schreift, huet och eng ganz Partie Kuerzgeschichten a Gedichter, ë. a. fir d'Zäitschrëft "Eis Sprooch" geschriwwen. Säi "Rick" ass 1998 esouguer op Russesch iwwersat ginn an zu Moskau erauskomm.

Ouni beispillsweis och dem Milly Thill (* 1930) säi Buch Vun déi Säit der Syr – aus der Schoul geschwat (1936-1945), wat 1990 erauskoum, op der Säit ze loossen – esou flott autobiografesch Geschichte komme gutt un, och wa se raimlech "begrenzt" sinn – muss een dach nach een Auteur ervirsträichen, deem säi Wierk e bëssen an déi selwecht Richtung geet. Et ass de Raymond Schaack (* 1936), an eent vu senge Wierker an eiser Sprooch heescht "Stater Stëbs" (1995). Et handelt sech ëm eng Zort Gesellschaftskritik, net bësseg, awer mat dem Tëppel poulriicht um I, an där dat, wat an den 1950er-Joren an der Stad geschitt ass, op eng gefälleg Manéier mat dësem oder deem aus den 1990er-Jore verknëppt gëtt.

Op dëser Plaz géif ech gär drop hiweisen, datt et net esou einfach ass, eng Partie vun eise bekannten Auteuren op eng eenzeg Kategorie ze limitéieren. E Josy Braun (1938-2012) an e Guy Rewenig (* 1947) z. B. a wuel och nach anerer hunn immens vill opzeweisen op munche Gebitter wéi Cabaret, Theater, Lyrik, Prosa, Roman, Kannerliteratur...

E Wuert soll och gesot ginn zur Kuerzgeschicht op Lëtzebuergesch. Et sinn der ganz vill vun eise Schrëftsteller, déi och op dësem Gebitt täteg sinn. Looss mer z. B. op d'Jeanine Theis-Kauth (* 1931) an e Buch vun hir mat dem Titel "Spréchelcher a Geschichte fir nozedenken an ze schmunzen" hiweisen, dat 1997 als Extranummer vun der A. L. erauskoum.

Wann et ëm Kuerzgeschichten an ëm e grousse Bäitrag zu eiser Sprooch an zu allem, wat Lëtzebuergesch ass, geet, dann däerf een op kee Fall de Pe'l Schlechter (* 1921) op der Säit loossen. Geschriwwen huet deen talentéierte Grafiker an Zeechner eng Partie Wierker, déi hien och selwer illustréiert huet.

Och méi e jonke Verlag soll hei zu Éiere kommen, nämlech "Kremart Edition", gegrënnt 2013, an zwar mat der Serie "Smart". D'Serie mat Kuerzgeschichten op Lëtzebuergesch ëmfaasst mëttlerweil 20 Bichelcher.

6) De Roman an eiser Sprooch

Et war e gebierdege Gréiwemaacher, den Adolf Berens (1880-1956) – ë. a. mam Pseudonym Gillius Döll(y) – deen an den 1920er Joren deen éischte Roman an eiser Sprooch geschriwwen huet: "D'Kerfegsbloum. Een Geschicht aus dem ale Letzeborger Volleksliewen an der Muselsprooch – vun eem ale Mann." Fir dëst Mammutwierk a véier Deeler, geschriwwe vun 1921 bis 1928, krut hien am Joer 1928 den nationale Literaturpräis.

Dem Ferd Gremling (1901-1970) säi Buch "Doheem, Roman aus dem Éislek",

esouzesoen en “Heimatroman”, deen nom Zweete Weltkrich erauskoum, ass scho méi verdaulech.

Realistesches a Kritesches fënnt een awer eréischt Jorzéngte méi spéit bei engem Guy Rewenig (* 1947), engem Roger Manderscheid (1933-2010) an engem Josy Braun (1938-2012). Grad déi dräi bedeitend Auteure kann een, wéi scho bemierkt, net nëmmen an d’Kategorie “Roman” anuerdnen, och, wa si allen dräi éischtklasseg Romaner geschriwwen hunn, esouwuel vun der Sprooch wéi och vum Inhalt hier.
Kuerzëm: Rewenig, Manderscheid a Braun bréngen et awer allen dräi fäerdeg, de Roman op Lëtzebuergesch “salonfäeg” ze maachen!

“Hannert dem Atlantik – Gemëschte Chouer – Mass mat dräi Hären – Grouss Kavalkad”, dës Wierker vum Guy Rewenig koumen tëscht 1986 an 1991 eraus, an den Auteur krut eng Partie Präisser dofir.
“Schacko klak – Biller aus der Kandheet” an d’Fortsetzung, “De Papagei um Käschtebam – Zeenen aus der Nokrichszäit”, duerno “Feier a Flam – Geschichten aus de fofzeger Joren”, dat sinn der nëmmen dräi vun de sëlleche Wierker vum Roger Manderscheid (1933-2010). “Schacko klak” kann een esouguer kucken, entweeder am Kino oder um Video. Dat hat et virdrun nach ni ginn, datt e Meeschterwierk op Lëtzebuergesch verfilmt ginn ass!
Zesummefaassend kann ee behaapten, datt esouwuel de Guy Rewenig wéi och de Roger Manderscheid realistesch a kritesch op Lëtzebuerg an de Lëtzebuerger kucken a Wierder fannen, fir esouzesoen alles auszedrécken.
“Bommenteppech – E Graf op Madeira – Keen Däiwel méi, deen nach Herrgotte keeft”; dës dräi Romane sollen aus dem Josy Braun sengem gigantesche Liewenswierk erausgegraff ginn, engem bedeitenden Auteur, deem ee leider net mat e puer Zeile gerecht gi kann...

Et muss een awer och nach op eng Partie Romaner op Lëtzebuergesch hiweisen, déi an den 1990er-Joren an doriwwer eraus op de Bichermaart koumen. Esou z. B. “Frascht” vum Nico Helminger (* 1953), “Perl oder Pica” vum Jhemp Hoscheit (*1951) – dëse Roman ass am Joer 2006 och verfilmt ginn – “Iwwer Waasser” vum Georges Hausemer (1957-2018), “De Fleeschkinnek” a “Frigo” vum Claudine Muno (* 1979).
An ech si mer es och hei bewosst, datt wichteg Auteuren an hir Wierker net genannt gi sinn.

Bei alle Verdéngschter, déi hei opgelëscht gi sinn, däerf een awer ee klenge Bemol net vergiessen, nämlech:
- Wierker an eiser Sprooch erreeche leider net “dat grousst Publikum”, dofir sinn d’Oploen niddereg; munch Auteure schreiwen deemno a méi Sproochen, fir “iwwerliewen” ze kënnen.
- Grad bei enger “klenger Sprooch” ginn och Saache verëffentlecht, einfach nëmmen, well et se gëtt – an net onbedéngt, well se immens gutt sinn... Dofir kënnt bei gudden a bei manner gudde Publikatiounen de Literaturkritiker eng ganz wichteg Roll zou. Een Numm sief op dësem Gebitt erausgegraff, nämlech dee vum Jérôme Jaminet (* 1979).

Éier mer elo weiderfueren, muss een onbedéngt e Wuert iwwer de Lëtzebuerger Literaturarchiv (“Centre national de littérature”) soen, deen 1995 am Servais-Haus zu Miersch seng Dieren opmaache konnt. Hei gëtt vill a gutt

Aarbecht geleescht. An dann däerf een och d'Walfer Bicherdeeg op kee Fall vergiessen. Si sinn e wichtege Rendez-vous fir Editeuren, Auteuren a Lieser.

7) Den Theater op Lëtzebuergesch

Mat senge "Koméidistécker mat Musek a Gesank" oder Operetten ass keen aner wéi de Lucien, Irvin, Edmond de la Fontaine, alias Dicks (1823-1891) ouni Zweiwel de Papp vum Theater op Lëtzebuergesch. Seng Operette sinn och haut nach e Begréff. Lidder wéi "Ech sinn e groussen Hexemeeschter – Gëff mer eng Bees – Du brauchs mer näischt ze schwieren" – an nach anerer – ginn nach ëmmer gär gesongen! Do war wuel e meeschterhafte Volleksdichter um Wierk!

Eréischt mat dem Marcel Reuland (1905-1956) schéngt endlech en neie Wand an eiser Theaterwelt ze blosen. Hien huet et fäerdeg bruecht, bemierkenswäert auslännesch Theaterstécker op eng flott Manéier an eis Sprooch ze iwwerdroen, jo, esouguer méi wéi dat. "D'Spill vun der Bidden – Op der Kiermes – E Summerdram – Gutt Noperen – De Friddche gëtt Dokter"; dës an aner Stécker gefalen nach ëmmer.

Mam Norbert Weber (1925-2007) kritt dat, wat een als modernen Theater bezeechne kënnt, endlech en Opschwonk. "De Schéifermisch – En Apel fir den Duuscht – Jean Chalop – De Bretzert – De Luussert" – dës Wierker, tëscht 1958 an 1981 entstan, brénge wierklech en neie Wand an de Lëtzebuerger Theater.

An dësen neie Wand bléist weider bei engem Pol Greisch (* 1930). Wuel déi bekannst vu sengen Theaterstécker heeschen: "Äddi Charel – Besuch – Grouss Vakanz – E Stéck Streisel".

Deen neie Wand dréngt och duerch bei engem Alain Atten (* 1938), deem seng Wierker enk mat der Geschicht vu Lëtzebuerg verbonne sinn. "De Ligebaron – D'Jonggesellekëscht – De Päerdsdéif – Polferkäpp – D'Klëppele bei d'Tromm – De Schwiewelbuer" – ë. a. mat dësen Theaterstécker huet den Alain Atten, deen och als "Sproochmates", ganz besonnesch op RTL, bekannt ass, net nëmmen den Duerchbroch fäerdeg bruecht, mä sech och e ganz gudden Numm gemaach.

Elo wär et net an der Rei, wann een op dëser Plaz net wéinstens hiweise géif op d'Theaterstécker vun engem Fernand Hoffmann (1929-2000), engem Nico Helminger (* 1953), engem Guy Rewenig (* 1947) oder engem Jean-Paul Maes (* 1955) an engem Guy Wagner (* 1938). An dann däerf een och a Saachen Theater (a Kuerzgeschichten an Dréibicher) e Fernand Barnich (1939-2010) net vergiessen. A senge Stécker spille besonnesch de Minett a seng Leit eng Roll, looss mer just "De Gaalgebierg" zitéieren.

Och de Kannertheater däerf een op kee Fall ewech gelooss ginn. Hei stiechen erëm Leit wéi e Guy Rewenig (* 1947), e Jemp Schuster (* 1948) – mat dem Kannertheaterensemble "Jaddermunnes" (gegrënnt 1983) –, e Josy Braun (1938-2012) an, net ze vergiessen, e Roland Meyer (* 1963) an

d'A. An da misst een och nach e Wuert vum Schoultheater soen, z. B. vum Grupp "Namasté" aus dem Lycée Hubert Clement vun Esch/Uelzecht, fir emol nëmmen deen ze nennen...

8) Eng Partie Lidder an eiser Sprooch

Eng Partie vun eise Lidder si vertount Gedichter; si dauche bei deenen eenzelnen Auteuren op, wéi z. B. beim Willy Goergen (1867-1941), an et fënnt ee se ganz dacks a Kannerlidder, z. B.: "Hieschen, gëff gutt uecht!, an och beim Marcel Reuland (1905-1956): "De Sandmännchen – Den Hieschen". Oder och a Wäin- a Musellidder: "Kättchen, Kättchen, bréng mer nach e Pättchen"; och hei ass den Text vum Willy Goergen; "Ech drénke gär mäi Pättchen" vum Fernand Wark (1916-1994). An dës Rubrik passt och e ganz besonnescht Gedicht vum Museldichter a Schrëftsteller Nikolaus Hein (1889-1951). Et handelt sech ëm "Mäi Wéngert" an et ass schonn eng Kéier genannt ginn.

E bëssen Opmierksamkeet verdéngen och déi Lidder, déi ganz besonnesch um Enn vum Joer, d. h. zur Niklos- a Chrëschtzäit, op d'Tapéit kommen, zitéiere mer nëmmen: "Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen", vum Willy Goergen, "Am Uewe potert d'Feier", vum Chrétien Clement (1910-1987) oder och "An der grousser hellger Nuecht" vum Albert Elsen (1904-1972).

Op dëser Plaz kënnt een net laanscht e Jang Linster (*1952) mat senge regelméissege Produktioune fir Chrëschtdag an och fir d'Fuesent, déi schonn an den 1980er Joren erauskoumen. A wa mer scho bei der Fuesent sinn, da wär et wuel falsch, den Entertainer par excellence Fausti – alias Faustino Cima (1940-2021) – net ze ernimmen. Wie kennt net seng "Zwou Bulle Mokka"? Zu deene ganz bekannte Fueslidder gehéiert natierlech och "D'Hämelmaus", geschriwwen 1884 vum Joseph Speck (1834-1901). Si huet hir "Heemecht" an der Abteistad Iechternach, wéi wuel jidderee weess.

Sécher wär et och ubruecht, op dëst oder dat patriotescht Lidd hinzeweisen. Vum "Feierwon", vun eiser Nationalhymne "Ons Heemecht" a vum "Siegfridsschlass" ass scho geschwat ginn, an och vum "Hämmelsmarsch"... Net awer vum "Wilhelmus", där Weis, déi aus Holland stammt, mat dem lëtzebuergeschen Text vum Nik. Welter. D'Lidd ass am Laf vun der Zäit zur Hymn vun de Groussherzoge vu Lëtzebuerg ginn.

Stellvertriedend fir eng Partie aner Lëtzebuerger Komponiste soll hei op de Laurent Menager (1835-1902) an op de Jean-Pierre Beicht (1869-1925) higewise ginn, déi der vill vun eise Lidder vertount hunn, och Kierchelidder, op déi mer nach ze schwätze kommen. Och d'Komponistin Lou Koster (1889-1973) soll net ongenannt bleiwen, well si huet ë. a. Texter vum Nik. Welter vertount. Looss mer nëmmen dee weltlechen Oratorium fir Solisten, Chouer an Orchester: "Der Geiger von Echternach" nennen, an deem déi Iechternacher Legend vum laange Veit lieweg gëtt...

An da soll hei och onbedingt drop opmierksam maachen, datt keen aneren ewéi de P(o)utty Stein (1888-1955) de Papp vum soug. Chanson op Lëtze-

buergesch ass. Satiresch Lidder wéi “Ech sinn de schéine Poli – Dem Wirsch seng Wueden – Neen, déi Schnëss” a vill anerer beweisen dat. An deem Zesummenhank muss och de Chansonnier a Kabarettist Péiter Faber (1900-1975) genannt ginn, dee ganz dacks zesumme mam P(o)utty Stein gewierkt huet.

Schonn an den 1970er Joren an och nach duerno huet eng lëtzebuergesch Folk-Grupp ronderëm de Guy Schons (*1950) mam Numm Dullemajik derzou bäigedro, Lëtzebuerger Volleksmusek op eng flott a gefälleg Manéier nees an Erënnerung ze bréngen.
Mat flotte Lëtzebuerger Lidder – och där vum P(o)utty Stein, awer net nëmmen där – waart mëttlerweil och e Lëtzebuerger Gesangsquintett mat Pianosbegleedung op, deen am Mäerz 2011 zu Gréiwemaacher am Stued Theater entstan ass: d’Cojellico’s Jangen – kuerz d’Jangen.
Och d’Lidderuucht Lëtzebuerg, déi 1984 als folkloristesche Gesangveräin gegrënnt ginn ass, an zënterhier a flotten Truechten optrëtt, wa si mat engem gefällege Potpourri vu Lëtzebuerger Lidder opwaart, sief genannt.
A wann ee vu satireschen – oder éischter gesellschaftskritesche – Lidder schwätzt, kënnt een net laanscht e Lëtzebuerger Museksgrupp, deen et net méi gëtt: de Serge Tonnar & Legotrip. Fir déi Grupp, déi tëscht 2003 an 2019 ganz erfollegräich opgetrueden ass, huet de Museker, Komponist, Schrëftsteller a Schauspiller Serge Tonnar (* 1970) – e Multitalent – d’Texter geschriwwen, z. B. “D’belsch Plaasch – Crémant an der Chamber – Ech si Lëtzebuerg – Laksembörg sitti”, an nach ganz vill anerer. Och e Serge Tonnar kann een erëm net nëmmen an eng Kategorie anuerdnen...

Ganz wäertvoll Déngschter betr. Lidder an eiser Sprooch leescht d’Verëffentlechung “De Litty” (“Les Carnets didactiques du Cedom” – Centre d’études et de documentation musicales) vun der Nationalbibliothéik.

9) D’Lëtzebuergescht an der Schoul – Kanner- a Jugendliteratur an eiser Sprooch

Eng Sprooch lieft net nëmmen duerch Erwuessener. Si huet och eng fest Plaz bei deenen, déi d’Zukunft vun eisem Ländche sinn, an déi och eiser Sprooch eng Zukunft solle ginn. Dat ass bei eise Kanner a Jugendlechen, an domat och an eise Schoulen.

Am Joer 1912 ass an der Chamber entscheet ginn, datt d’Lëtzebuergescht e Schoulfach gi sollt. (Artikel 23 aus dem Schoulgesetz vum 25. Juni 1912). Dat war ënner dem Staatsminister Paul Eyschen (1841-1915).

An op dës Plaz passt eng Tëschebemierkung betr. eis Sprooch an der Chamber: Et war den 9. Dezember 1896, wéi de Caspar-Mathias Spoo (1837-1914) esou kéng war, fir eis Sprooch – “déi Sprooch, déi d’Leit dobausse schwätzen” – an der Chamber ze schwätzen! An et ass dee selwechte Spoo, deem mer et ze verdanken hunn, datt d’Lëtzebuergescht 1912 e Schoulfach ginn ass.

Fir e Schoulfach brauch een e Buch – an och nawell eng Schreifweis. Dem Dicks säi “Versuch über die Orthographie der Luxemburger-deutschen Mundart” (1855) goung net duer, an d’Regierung huet dem Professer René Engelmann (1880-1915) den Optrag ginn, fir sech mat enger allgemenger Lëtzebuerger Schreifweis ze befaassen.
An där Schreifweis huet den Nikolaus Welter (1871-1951) 1914 dat éischt offiziellt Schoulbuch fir dat neit Fach erausginn: “Das Luxemburgische und sein Schrifttum”, dat bis nom Zweete Weltkrich gutt Déngschter geleescht huet.

Et kënnt een elo net laanscht e puer wichteg Etappen an der Entwécklung vum Lëtzebuergeschen an eise Schoulen:
Enn 1924 ass op Ureegung vum Professer Jos. Tockert (1875-1950) d’Sproochgesellschaft gegrënnt ginn. Doraus gouf 1935/36 d’sprooch-wëssenschaftlech Sektioun vum “Institut Grand-Ducal” (“Section de Linguistique, de Folklore et de Toponymie”, haut “Section Linguistique, Ethnologie et Onomastique”).
1946 ass op Ureegung vum deemolegen Unterrichtsminister Nicolas Margue (1888-1976) a vum Sproochewëssenschaftler Jean Feltes (1885-1959) déi éischt offiziell – a ganz speziell – Lëtzebuerger Orthographie (OLO) agefouert ginn.
Vun 1950 un – a bis 1975 – koum deen drëtte Lëtzebuerger Dixionär (“Luxemburger Wörterbuch”) eraus, a vill bekannt Leit hunn an der Dixionärs-kommissioun wäertvoll Aarbecht geleescht.
Zënter 1954/55 gëtt et dem Robert Bruch (1920-1959) seng Lëtzebuerger Grammatik, déi méi dacks revidéiert gouf.
1964 an 1967 koum dem Professer Fernand Hoffmann seng “Geschichte der Luxemburger Mundartdichtung” eraus.
1964 krut d’Lëtzebuergescht och eng Plaz am “neie” “Plan d’études”. Eng hallef Stonn fir all Klass aus der Primärschoul war deemools virgesinn.
Enn 1971 ass an der Stad d’Actioun Lëtzebuergesch gegrënnt ginn. Si huet sech vun Ufank un derfir agesat huet, datt endlech en neit Schoulbuch fir d’Lëtzebuergescht erauskéim.
1973/74 war dat neit Buch fir d’Primärschoul “Lëtzebuergesch an der Schoul” mat Gedichter an Texter vu bekannten Auteuren a mat der deemoleger Schreifweis fäerdeg.
Den 10. Oktober 1975 huet den deemolege Kulturminister Robert Krieps (1922-1990) den “Arrêté ministeriel (...) portant sur la réforme du système officiel d’orthographe luxembourgeoise” ënnerschriwwen. Annexe: “Wéi ee Lëtzebuergesch schreift”.
Et huet du bis ufanks 1984 gedauert, bis dass d’“Sproochegesetz” koum. Am éischten Artikel heescht et: “La langue nationale des luxembourgeois est le luxembourgeois”.
Mat deem nächste “Plan d’études” fir d’Primärschoul, deen am Mee 1989 vum deemolegen Erzéiungsminister Fernand Boden (* 1943) virgestallt ginn ass, fänkt eng nei Etapp fir eis Sprooch an der Schoul un. Eng Unitéit Lëtze-buergesch steet deemools um Programm fir all d’Primärschoulklassen.
Och soss ginn zu deem Zäitpunkt vill Ustrengunge fir eis Sprooch an der Schoul gemaach, z. B. um deemolegen ISERP, mat Ausbildungscoursë fir d’Léierpersonal, bei de Schoulmeeschteschgewerkschaften, duerch d’Publikatioun vu gudden Hëllefsmëttelen an och am Zack, där eenzeger Lëtzebuerger Kannerzeitung, déi bis 2002 um Maart war.

Fir postprimär Schoulen ass zënter 1990 eng 400 Säiten déck Anthologie do mam Titel: “Lëtzebuergesch Texter 1990 – Fir 7e a 8e”. Dëst Wierk, dat schonn 1978 an 1982 e “Virgänger” an 1. an 2. Oplo hat, deemools mam Titel: “Lëtzebuergesch Texter – Fir postprimär Schoulen.
An am Joer 2014 – an nach eng Kéier 2019 – koum och nach eng Anthologie mat lëtzebuergeschen Texter fir Jonker, dës Kéier mam Titel “Lies de bal” eraus. Et sief och drop higewisen, datt d’Lëtzebuerger Kultur vu Mëtt der 1990er-Joren un och e Fach ass am “Examen Concours” fir d’Léierpersonal.

An da muss een och soen, datt et zënter 1998 och de Conseil fir d’Lëtzebuerger Sprooch (“Conseil permanent de la langue luxembourgeoise” CPLL) gëtt. Dëse Conseil ersetzt och déi soug. Dixionärskommissioun.

Elo dauert et nach bis 2006, bis datt zwee ganz wäertvoll a flott illustréiert Bicher fir d’Lëtzebuergescht an der Grondschoul erauskommen: “Lies a fléi 1” fir den Zyklus 3 a “Lies a fléi 2” fir den Zyklus 4 (Dës zwee Bicher kommen 2016 an 3. a verännerter Editioun eraus, an dës Kéier ass och eng CD mat verschiddenen Texter dran integréiert.)
Wann een déi zwee Bicher fir d’Grondschoul an och déi zwee Wierker fir de weiderféierenden Unterricht eppes méi genee ënner d’Lupp hëlt, da gesäit een, wat fir eng Fortschrëtter an deene vergaangene Joerzéngten um Gebitt vun der Kanner- a Jugendliteratur zu Lëtzebuerg an op Lëtzebuergesch gemaach gi sinn.
Et ass einfach onméiglech, all verëffentlecht Texter, Bicher oder och Theaterstécker ze ernimmen. Stellvertriedend siewen aus dem “Lies a fléi 1” dem Josy Braun säi Buch: “De Charly mat de groussen Oueren”, dem Pir Kremer säi Gedicht “De Schnéimann” aus dem Buch “Kanner feiere frou Fester”, dem Jhemp Hoscheit säin Text “Laachen ass gesond” aus dem Buch “Geschichten aus dem Zirkus Kopplabunz”, dem Roger Manderscheid säin Text “Telefonitis” aus dem Buch “D’Magali flitt an den Himmel”, dem Guy Rewenig säi Gedicht “Karussell” aus dem Buch “Sonndes däerf ee Wollécke fänken”, dem Chantal Schenten-Keller säin Text “D’Kira an de Buschtawesträit” aus dem Buch mat dem selwechten Titel, dem Jemp Schuster säin Dialog “Den Zuch” aus “Duurchzuch” an dem Wëllem Weis seng Seechen “Bib” ervirgehuef.
Et ass wuel keen aneren ewéi de Guy Rewenig, deen eng Lanz gebrach huet fir d’Kannerliteratur op Lëtzebuergesch. Looss mer nëmmen op säi bekannt Wierk “Muschkilusch” hiweisen, dat 1980 erauskoum.
Am “Lies a fléi 2” sinn 43 Auteure mat hiren Texter vertrueden, vum Jean Back (* 1953) iwwer de Josy Christen (* 1950), de Frank Feitler (* 1950), d’Hélène Fournelle (1901-1967), de Pol Greisch (* 1930), den Nico Helminger (* 1953), d’Sus Hierzig (* 1961), de René Kartheiser (1926-2009), d’Chantal Keller-Schenten (* 1959), den Henri Losch (* 1931), de Roland Meyer (* 1963), de Pol Pütz (1947-2012), den Henri Rinnen (1914-1988) an de Robert (Gollo) Steffen (* 1952) bis bei de Jean-Michel Treinen (1954-2016).
Eng ganz besonnesch Verëffentlechung vun der “Education Nationale” soll hei op kee Fall vergiess ginn. Si heescht “Lies a fléi – de Katalog”; a gesäit sech als Suite vun den zwou Anthologië mat lëtzebuergeschen Texter fir d’Grondschoul.

10) Eis Sprooch an der Liturgie vun der Kierch

De 17. Dezember 1991 huet déi réimesch Kongregatioun fir de Kultus an d'Sakramenter an engem Schreiwes festgehal, datt an der Äerzdiözees Lëtzebuerg an de liturgesche Feiere vun elo un och déi lëtzebuergesch Sprooch offiziell dierft benotzt ginn.
Virum 2. Weltkrich hat d'Lëtzebuerger Sprooch keng Plaz an der Liturgie vun der Kierch zu Lëtzebuerg. Nëmmen e puer Oktavlidder an eiser Sprooch si gär gesonge ginn, z. B. "O Mamm, léif Mamm – Mir gréissen dech am Heemechtsdoum – Léif Mamm, ech weess et net ze son"... "Nom Krich war den Zuch verpasst ginn, fir der Lëtzebuerger Sprooch hir Plaz an der Liturgie ze ginn", schreift de Chanoine Claude Bache (* 1964) am Artikel "... etiam lingua luxemburgensis".
Op den Impuls vun der "Actioun Lëtzebuergesch" hi gouf 1980 d'Kommissioun "Lëtzebuergesch an der Kierch" an d'Liewe geruff. Elo kommen no an no Texter fir d'Bestietnes, d'Begriefnes asw. an de Gebrauch, a schliisslech gëtt de Bistum och dat éischt Massbuch op Lëtzebuergesch mat dem Titel: "Liturgesch Feiere fir Lëtzebuerg" (1994) eraus.
Zënter 1991 ass en Aarbechtsgrupp vum Bistum amgaang, d'Bibel op Lëtzebuergesch ze iwwersetzen, an den 1. August 2009 koum den "Evangeliar" op Lëtzebuergesch eraus – "e Meilesteen um Wee vun der Entwécklung vun der Lëtzebuerger Sprooch an der Kierch", sou de Chanoine Claude Bache an deem schonn zitéierten Artikel.

11) D'BD op Lëtzebuergesch

An enger RTL-Causerie vum 14. Juni 2019 stellt de Lex Roth (* 1933) fest: "Eng Sprooch léiert een net nëmme mat Grammaire, Gedichter a soss geschlaffenen Texter, just mat Spaass un deem, wat ee 'Motivatioun' nennt. (...) Nëmmen dat geschriwwent Lëtzebuergesch konnt eiser Sprooch zu deem Stand hëllefen, deen si haut huet (...)."
A grad dëst Geschriwwent fënnt een och an der "Bande dessinée" oder der BD op Lëtzebuergesch. De Lex Roth selwer huet net nëmmen Tintin an Astérix mä och Walt Disney an aner flott Billergeschichten an eis Sprooch iwwerdro.
Op kee Fall vergiessen däerf een awer bei der BD den Duo Czuga/Leiner. Ganz besonnesch mam "Superjhemp" – deen et jo och am Film gëtt – hunn deen talentéierten Auteur Lucien Czuga (* 1954) an dee verséierten Zeechner Roger Leiner (1955-2016) sech een eemolegt Denkmal gesat an eng Leeschtung an eiser Sprooch vollbruecht.
Och de Georges Hausemer (1957-2018) soll op dëser Plaz ernimmt ginn. Hien huet z. B. 2013 an 2016 de Comic-Roman "Dem Greg säin Tagebuch" verëffentlecht, e Wierk vum US-amerikaneschen Auteur Jeff Kinney (* 1971), dat flott an eis Sprooch iwwersat gouf.

An enger Spezialausgab vum "Courrier de l'Education Nationale" aus dem Joer 2010 mat dem Titel: "Bande Dessinée – Comics a Spaass um Liesen" schreiwen d'Jeanne Offermann an d'Josiane Schaul vum SCRIPT an der Introduktioun:
"D'Comics hunn hire Wee gemaach, och wann dat bal ëmmer ausserhalb vun de Schouldiere geschitt ass. Si sinn ouni Zweiwel een Deel vun der

Lieskultur. Si hunn och an engem multikulturellen a méisproochege Kontext eng grouss Bedeitung."

An dësem Zesummenhank soll och drop higewisen, datt et schonn zënter 1994 de Festival International de la BD zu Conter gëtt, deen all Joer grousse Succès huet.

An et sief schliisslech och e Wuert gesot zu Karikaturen a Cartoons op Lëtzebuergesch, déi regelméisseg am Ländchen erschéngen, souwuel an de Print- wéi och an den digitale Medien. Hei schéngt keen anere wéi de Carlo Schneider (* 1956) de Karikaturist a Cartoonist "par excellence" ze sinn.

12) Eis Sprooch an den (audiovisuelle) Medien

Wat d'Dagespress ugeet, esou sinn Annoncen a Reklammen op Lëtzebuergesch schonn zënter Joerzéngten doraus net méi ewech ze denken. Vill Verdéngschter huet heibäi nees eng Kéier d'Actioun Lëtzebuergesch.. Och Artikelen a Rezensiounen an eiser Sprooch an der Dagespress an a Lëtzebuerger Zäitschréfte gehéieren derzou.

Op dëser Plaz soll och RTL-Radio Lëtzebuerg extra ervirgehuewe ginn. Datt op dësem Sender vun Ufank un – d. h. zënter dem 19. Oktober 1959 – Lëtzebuergesch geschwat gëtt, ass wuel nëmmen normal. Datt och am digitale Beräich eis Sprooch am Mëttelpunkt steet, wuel gradesou.
E puer besonnesch Sendungen, déi am Laf vun der Zäit d'Opmierksamkeet op sech gezunn hunn, sinn z. B. "De Mischi a seng Leit" vum Fernand Hoffmann, "Kalennerblieder" vum Evy Friedrich (1910-1989), "Impressioune vun dobaussen" mam Liliane Thorn-Petit (1933-2008), "Een Ament fir eis Sprooch" (vun 1972-1984) mam Lex Roth oder "De Sproochmates" mam Alain Atten. Och de Léon Moulin (1897-1974) a senger ganz markanter Stëmm, engersäits als Schauspiller, mä ganz besonnesch als Speaker bei RTL, verdéngt et, ervirgehuewen ze ginn.

Wa mer scho beim Radio sinn, da muss een och op de Radio 100,7 hiweisen. Als "sozio-kulturelle Radio" huet dëse Sender am September 1993 ugefaang. D'Sendungen, och kultureller, déi dacks en héijen Niveau hunn, sinn esouzesoen all a Lëtzebuerger Sprooch.

Vum Radio bis bei d'Tëlee ass et net wäit. An domat wäre mer beim 21. September 1969 a bei der Televisioun op Lëtzebuergesch. Op deem Sonndegmëtteg gëtt den "Hei Elei, Kuck Elei" gebuer, an un der Wéi steet keen anere wéi dee landbekannten an talentéierte Journalist Jean Octave (* 1942). Bis den 21. Oktober 1991 gëtt dës Kultsendung all Sonndeg ausgestraalt, an de Jean Octave, dee ganz vill fir eis Sprooch iwwreg huet, fungéiert als Chefredakter. Villes, wat Lëtzebuergesch ass, kënnt an der Sendung zur Sprooch: Lidder, Theater, Sketcher – z. B. mam Hary Haagen (1902-1980), mam Jängi Hopp (1923-1971) a mam Fernand Fox (* 1934) –, Aktualitéit, Sport, asw.
Zwéin Nimm, déi ganz enk mam "Hei elei" verbonn sinn, sollen nach genannt ginn, nämlech dee vum Sportsjournalist Pilo Fonck (* 1938) an dee

vum Kameramann a Filmregisseur Menn Bodson (1943-2019).
RTL Télé Lëtzebuerg, gegrënnt den 21. Oktober 1991 an der Folleg vum “Hei Elei”, gëtt et haut nach! Och eis Sprooch ass do en Thema, z. B. a moderne “Sitcoms” oder och “Soapen” déi e jonkt Publikum usprieche sollen.
Esou “Sitcoms” op RTL waren z. B. “Weemseesdet”, “Comeback” oder “Zëmmer ze verlounen”. An dëse “Sitcoms” spillen international bekannt Schauspiller, wéi z. B. en Désirée Nosbusch (* 1965) e Vicky Krieps (* 1983), oder en Tommy Schlesser (* 1989) mat.
Elo muss een awer onbedingt nach e Wuert soen iwwer eng ganz Partie interessant Dokumentarfilmer, z. B. iwwer den 2. Weltkrich, iwwer d’Ardennenoffensiv, iwwer bekannt Perséinlechkeeten, wéi d’Liewen an d’Wierke vum Groussherzog Jean (1921-2019), déi reegelméisseg op RTL gewise ginn, wann e Joresdag ass oder soss eng Geleeënheet sech bitt...

13) Filmer an eiser Sprooch

Kann ee vun enger Lëtzebuerger Filmindustrie schwätzen? Wa jo, dann entsteet se eréischt Enn der 1980er Joren, och wa schonn zënter 1907 Filmer zu Lëtzebuerg gedréint ginn.

Éier mer ufänken, dësen oder dee Film an eiser Sprooch ze nennen, muss ee wuel fir d’éischt op e puer wichteg Personnagen hiweisen. Et handelt sech ëm de Realisateur Pol Cruchten (1963-2019), ëm de Filmregisseur, Dréibuchauteur a Filmschauspiller Paul Scheuer (* 1944) – hie war och de Leeder vun der Filmproduktiounsgesellschaft AFO (“Atlantic Film Organization”) – ëm d’Dréibuchautorin a Filmregisseurin Maisy Hausemer (* 1946), ëm de Filmregisseur an Dréibuchauteur Andy Bausch (* 1959), ëm de Filmproduzent, Filmdistributeur a Schauspiller Paul Thiltges (* 1955) an – net ze vergiessen – ëm deen “onstierfleche” Schauspiller an Theatermann Thierry Van Werweke (1958-2009), déi talentéiert Theater- a Filmschauspillerin Josiane Peiffer (*1952) an déi bekannt Schauspillerin Marie-Christine Faber (1946-2018).
Och Leit wéi e Menn Bodson (1943-2019), Televisiounsregisseur a -produzent, e Marc Olinger (1946-2015), Film- an Theaterschauspiller a Regisseur, a Gast Rollinger (* 1946), Filmregisseur a Schrëftsteller, hunn hire wichtege Bäitrag geleescht. An dann däerf een op kee Fall de Film- an Theaterschauspiller a Schrëftsteller Henri Losch (*1931) vergiessen. Méi wéi ee Wuert verdéngt och e Fernand Fox (* 1934), deem seng Passioun d’Schauspillerei ass. An dann ass do och e Marco Lorenzini (* 1950), deen am Film op Lëtzebuergesch munches opzeweisen huet. A selbstverständlech en Désirée Nosbusch (*1965), dat sech op internationalem Plang en Numm als Schauspillerin, Televisiounspresentatrice, Filmregisseurin a -produzentin gemaach huet. Et soll een z. B. och nach op méi jonk lëtzebuergesch Filmregisseuren an Dréibuchauteuren wéi e Christophe Wagner (* 1974) oder e Félix Koch (* 1980) hiweisen. Grad an dësem Zesummenhank ass et wichteg, d’ Televisiounsserie Capitani (2019) vu Samsa Films ze ernimmen, där hir 12 Episoden am Summer 2018 ënner der Regie vum Christophe Wagner gedréint goufen. Dat alles sinn nëmme Beispiller, där et sécher nach vill géifen...

Eent steet no all deenen Iwwerleeunge fest: Ouni all déi Genannt – an nach anerer – wär de Lëtzebuerger Film net dat, wat en haut ass, an en hätt net dee Stellewäert, deen en huet!

Bekannt a beléift Lëtzebuerger Filmer aus deene leschte Joerzéngten?
Hei eng Auswiel: “Wat huet e gesot?”, “Congé fir e Mord”, “E Fall fir sech”, “Déi zwéi vum Bierg”, “Troublemaker”, “De falschen Hond” – eng Adaptatioun vum Nikolaus Hein sengem Roman “Der Verräter” – “Mumm Sweet Mumm” – et fënnt een natierlech eraus, dass d’”Mumm Séis” sech hanner deem Titel verstoppt – “Schacko Klak”, “Hochzäitsnuecht” an “Dammentour”, fir emol an d’20. Joerhonnert zréckzekucken.
Awer dat sinn “eis” Filmer nach laang net all! Well et gëtt jo och schonn en 21. Joerhonnert! Hei heesche bekannt Lëtzebuerger Filmer: “Le Club des Chômeurs”, “Perl oder Pica” – nom Roman vum Jhemp Hoscheit – ”Doudege Wénkel”, “Rusty Boys”, de lëtzebuergesch-däitsch-belsche Spillfilm “Gutland” a “Superjhemp retörns”.
Et ass och ubruecht, e puer wichteg Dokumentarfilmer ze ernimmen: “KlibberkleeschenSchueberMaischenallerHerrgottsNationalSprangKirmes” – an dësem Film sinn eng Partie Lëtzebuerger Fester, Bräich an Traditiounen zesummegefaasst – “Schockela, Knätschgummi a brong Puppelcher” an natierlech och “Succès Fox”.

Fazit: Mëttlerweil gëtt et eng Lëtzebuerger Filmindustrie, an de Film an eiser Sprooch brauch sech net ze verstoppen an huet scho vill international Präisser opzeweisen! Zënter 1990 besteet de Lëtzebuerger Filmfong (“Fonds national de soutien à la production audiovisuelle”), deem seng Aufgab et ass, lëtzebuergesch Filmproduzenten a Filmdistributeuren ze ënnerstëtzen.
Ee Joer virdrun, 1989, ass de “Centre National de l’Audiovisuel” (CNA) mat Sëtz zu Diddeleng gegrënnt ginn, mat dem Geschichtsprofesser, Filmhistoriker a Regisseur Paul Lesch (*1963) un der Spëtzt. Hei gëtt den audiovisuellen an de fotografesche Patrimoine vu Lëtzebuerg opgewäert an natierlech och ënner d’Leit bruecht.

14) D’Actioun Lëtzebuergesch – Eis Sprooch

De 27. November 1971 ass an der Stad d’Actioun Lëtzebuergesch – Eis Sprooch gegrënnt ginn. Looss mer direkt drop hiweisen, datt ouni d’Actioun Lëtzebuergesch eis Sprooch net do stéing, wou se haut steet, an zwar an der Ëffentlechkeet, an der Schoul an och an der Kierch. Am dagdeegleche Liewe sinn haut Uertschafts-, Stroossen- a Flouernimm, awer och Annoncen, Reklammen an Artikelen op Lëtzebuergesch eppes ganz Normales, z. B. an der Press. Et fënnt ee Lëtzebuergesch op Timberen, op Geldschäiner a Mënzen. Et ginn net nëmmen an der Stad Lëtzebuerger Owender organiséiert. An dës Opzielung kënnt een nach laang weiderféieren.
D’A. L. huet vun 1971 bis ufanks 1993 eng Zäitschrëft op Lëtzebuergesch mam Titel “Eis Sprooch” erausginn. Esou eng Publikatioun gouf et schonn eng Kéier tëscht 1952 an 1962. Zënter 1993 gëtt d’Zäitschrëft duerch “Eng Klack fir eis Sprooch” ersat, déi reegelméisseg an der Lëtzebuerger Press erschéngt.
Am Zesummenhank mat dëser Zäitschrëft muss een och op d’Extra-

Nummeren hiweisen, déi laang erauskoumen an op groussen Uklang gestouss sinn.
Zënter 1984 éiert d'A.L. Leit, déi sech besonnesch asetze fir eis Sprooch mat der Plaquette "Dicks-Rodange-Lentz".
Nimm wéi Heng Rinnen a Lex Roth sinn aus der A. L. net ewechzedenken, an hir Verdéngschter fir eis Sprooch sinn immens.
Den Henri (Heng) Rinnen war net nëmmen eng Zäitlaang President vun der A. L. an huet och net nëmmen zesumme mam Will Reuland zwéin Dixionären erausginn, nämlech "Kleines deutsch-luxemburgisches Wörterbuch" (1974) an "Petit dictionnaire français-luxembourgeois" (1980). Hien huet dës Weideren an enger Partie Zäitschréfte matgeschafft an eng Abberzuel Artikele fir "Eis Sprooch" geschriwwen.
Dem Lex Roth (* 1933) säin Asaz fir eis Sprooch a fir alles, wat Lëtzebuergesch ass, kann een och net an e puer Zeilen zesummefaassen. Hie war, wéi scho bemierkt, den éischte President vun der A. L. an ass zënter 1998 de Vizepresident vun der Vereenegung. Hien huet sech verdéngt gemaach mat enger Abberzuel vun Artikelen, net nëmmen an "Eis Sprooch", an an der Dagespress, mä och mat enger ganzer Partie Kannerbicher, déi hien an d'Lëtzebuergescht iwwersat huet. An dat ass nëmmen eng ganz kleng Wierdegung fir e grousst Wierk!
Wa mer dann nach eng Kéier kuerz op d'A.L. zréckkommen, da muss een och drop hiweisen, datt hei Pionéieraarbecht geleescht ginn ass mat dem Organiséiere vun Owescoursen, fir Lëtzebuergesch ze léieren, a mat deem néidege Material dofir.
Wann een dat alles betruecht, an dann och nach verschidde Petitiounen zugonschte vun eiser Sprooch ernimmt, da versteet een, datt net méi spéit ewéi de 27. Juli 2018 an der Chamber d'Gesetz fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch gestëmmt gouf.

E Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch gouf geschaf. Hien ass zoustänneg fir en 20-Joresplang ronderëm d'Lëtzebuergescht a gëtt vun engem interministerielle Comité begleet.
Och den Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch ass 2018 geschaf ginn. Hei gëtt sech ëm d'Lëtzebuerger Sprooch an d'Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg gekëmmert, grad ewéi ëm d'Promotioun vum Lëtzebuergeschen national an international.
De Conseil fir d'Lëtzebuerger Sprooch (Conseil permanent de la langue luxembourgeoise – CCPL) bleift bestoen a soll sech ë. a. ëm de gudde Gebrauch vum Lëtzebuergesche këmmeren.

15) Schlussbemierkungen

“Eis Sprooch als Bäitrag fir d’Lëtzebuerger Kultur”? Et géif dat, wat mir houfreg “eng Lëtzebuerger Kultur” nennen, ouni eis Sprooch iwwerhaapt net ginn!

Elo däerf een awer op kee Fall d’An zoumaachen, wann de Begréff “Mësch-kultur” do steet. Dëse Begréff huet z. B. de Schréftsteller an Theatermann Batty Weber (1860-1940) gebraucht. Lëtzebuerg ass vill ze kleng – an doduerch ze vill dem Afloss vun zwou grousse Kulturen ausgeliwwert – fir eng “ganz apaart an eege Kultur” ze hunn. Et wär vläicht emol guer net gutt fir äis! Eis Sprooch – och, wann dacks gesot gëtt, et wär nëmmen “eng kleng Sprooch” – steet als dat gréisst Stéck vun eiser Identitéit a vun eiser Kultur do! Si huet bei groussen Erausfuerderungen, beispillsweis am Zweete Weltkrich, derzou bäigedroen, datt e klengt Vollek, dat sech senger Identitéit bewosst war, sech net opginn, mä zesummegehal an iwwerlieft huet.
Eis Sprooch an eis Kultur hunn eng “Daseinsberechtegung” an eiser multikultureller Gesellschaft, op déi mer houfreg sinn, an am “Europa vun de Regiounen”.
Eis Sprooch huet och e Recht drop, sech ze entwéckelen. Dofir soll een déi “modern Weeër” an der Lyrik, an der Prosa, am Roman, am Lidd, am Theater, am Cabaret, am Film, an der BD asw. an eiser Sprooch ënnerstëtzen, och, wann et wichteg bleift, datt mer eis Wuerzelen net vergiessen.
A wann eis Sprooch dee wichtegste Bestanddeel vun eiser Identitéit a vun eiser Kultur ass, dann ass et gutt a richteg, datt mer dës “kleng” Sprooch éieren a versuergen. Iwwer eis “Dräisproochegkeet” däerfe mer awer weider houfreg sinn. An och iwwer eis multikulturell Gesellschaft!

Monique Hermes

Haaptquell: Informatiounen zu deenen eenzelne Schréftsteller am LUXEMBURGER AUTORENLEXIKON (www.autorenlexikon.lu) Bäiträg vun: Claude D. Conter, Germaine Goetzinger, Nathalie Jacoby, Gast Mannes, Roger Muller a Sandra Schmit.

Fir weider Quellen an eng kuerz Bibliographie kontaktéiert w.e.g. d‘Monique Hermes.

Aussprooch gutt, villes gutt!

„Als ich als Deutschlehrer kam, war ich begeistert, wie wichtig für Kürten, Harry Valérien oder Wolfram Esser Sprache war und wie sehr sie sich darum bemüht haben, uns zu vermitteln, den Sportjargon nicht zu übernehmen und Klischees zu vermeiden. Das ständige Erinnern an die Verantwortung, die man vor einem Millionenpublikum hat“, erzählte Poschmann dem „General-anzeiger“ im Februar 2016.

Esou de kierzlech verstuerwene Wolf-Dieter Poschmann, Germanist, Pedagog a spéider Redakter vun der ZDF-Sportredaktioun.

D’Wichtegkeet vum Gebrauch vun enger sougenannter «propperer» Sprooch bei de Speakere vun de geschwate Medie misst jo eng Selbstverständlech-keet sinn.
Op BBC, op TF1, beim ZDF oder soss hu se eng propper Aussprooch, eng gutt Betounung a meeschtens eng kloer Diktioun oder Artikulatioun. Mat enger propperer Aussprooch ass d’«Standard-Sprooch» gemengt. Dat ka «BBC-Englesch», Héich-Däitsch oder Héich-Franséisch, z. B. sinn.

De Multiplikatiounsfaktor, deen d’Medien hu fir déi Sprooch(e) weider héichze-halen, ass enorm. Fir am rezente Jargon ze bleiwen: et ass e *Spreader*! Am Negativen ass dee Faktor grad esou grouss a kann op laang Dauer fatal Konsequenzen op onse Sproochgebrauch hunn.

Ons Medie solle jo e Virbild sinn an eng Modellfunktioun am Gebrauch vun der Sprooch hunn. Vun de Linguisten an der éischter Hallschecht vum viregte Joerhonnert gouf d’«Standard Lëtzebuergesch» (Koinè) zwar als déi Variant definéiert, déi am Uelzechtdall vun hannert der Stad u bis op Miersch geschwat a geschriwwe ginn, bis ewell ginn et awer nach keng Reegelen, wat d’Aussprooch (Phonetik) ugeet. Well et fir d’Lëtzebuergescht keen «*Aussprachewörterbuch*», wéi beispillsweis am Däitsche gëtt, wat standardiséiert Richtlinne fir d’Aussprooch virgëtt, un déi sech besonnesch déi ze halen hunn, déi an der Ëffentlechkeet schwätze mussen (wéi Radio- oder Fernseespriecher, Schauspiller oder Enseignanten), ass et net evident fir «normativ» anzegräifen.

Et geet heibäi absolut net drëms, déi Hellewull vu flotte lokale Sprooche-varianten z’ënnerdrécken oder z’eliminéieren, mee dorëms, datt ons Speakeren e Lëtzebuergescht schwätzen, wat och, z. B. en Auslänner, deen d’Sprooch nei léiert, oder Leit mat Gehéierproblemer ka verstoen a sech, wéinstens an de Medien, erëmfënnt, wat d’Aussprooch ubelaangt.

Et ginn an onse Medie vill ze vill Entgleisungen, déi d’Verstoen erschwéieren, Verwiesslunge mat sech bréngen an/oder de Sënn vu ganze Sätz ganz oder deelweis verfälschen. Wa mer ons nëmmen op d’Aussprooch beschränken (an net op d’Betounung an d’Artikulatioun z.B. kucken), da kann een d’Beispiller hei ënnen opzielen, déi alleguer eng Vergewaltegung vun onser Sprooch duerstel-len. Hei handelt et sech net ëm en natierleche Wandel vun onser Sprooch, mee ganz einfach ëm Sproochfeeler!

Wéini ass dann elo eng Sprooch korrekt? Wann se z. B. kloer fir jiddereen dat ausdréckt, wat ee wëll soen a keng onnëtz Verwiesslunge provozéiert, d.h., wann de Message net zweedeiteg ukënnt. Mam Kommunikatiounsvektor Sprooch däerf een net liichtfankeg ëmgoen! En hält d'Gesellschaft zesummen a muss gefleegt ginn.

Dat ass eng vun den zukünftegen Aufgabe vun onse Medien. Do si Medieminister, Educatiounsminister, den ZLS, den *Institut national des langues*, asw. och gefuerdert fir d'Virbildfunktioun vun de Medien ervirzeträichen a Kloerheet («propper Sprooch») an der geschwater Sprooch bei onse Speakeren ze förderen. Wat d'Publicitéiten/d'Reklammen ubelaangen, gëllt dat selwecht.

Och wann d'Uni.lu deem sougenannte «Wandel» stoesch nokuckt an en als natierlech betruecht, kann et net sinn, datt eng Sprooch un hirer Aussokraaft verléiert an a verschidden Interpretatiounsméiglechkeeten zerfält. Kuckt w.e.g. d'Beispiller hei ënnen. Dës Erosioun muss proaktiv gebremst ginn. An de Medie misst e Beroder genannt an eng permanent Formatioun ugebuede ginn. Mir brauchen do erëm eng Figur wéi z.B. den Eugène Heinen.

Den ZLS ë.a. huet jo als eng vun senge Missiounen de «gudde Gebrauch vun onser Sprooch» a misst also aktiv ginn.

Hei eng Rëtsch negativ geschwate Beispiller (phonetesch), déi ë. a. vill mam famousen (a falsch ausgeschwaten) «ch» ze doen hunn. Geschriwwe ginn déi «ch-Beispiller» mat «ch» , mee komescherweis ginn se dacks méi wéi en «sch» ausgeschwat. Firwat ginn déi Reiflauter post-alveolar an net alveolo-palatal ausgeschwat?

- *een deen eppes **mécht**, dee **mëscht** net onbedéngt,*
- *een dee **biicht**, dee **biischt** bestëmmt net ëmmer,*
- *een dee **kräicht**, dee **kräischt** net ëmmer,*
- *een deen **echt** ass, huet keng **Äscht**,*
- *een deen **ewech** ass, ass net **ewäsch**,*
- *een deen an **d'Kierch** geet, geet net an **d'Kiersch**,*
- *vu Frae-, Kanner-, Zivil**re(s)chter** guer net ze schwätzen,*
- *wann et **fiicht** ass, ass et net **fiischt**,*
- *e **freche** Bouf ass och kee **fräsche** Bouf,*
- *eng kleng **Händche** vun engem Bouf ass keng **Händschen**,*
- *een dee **séileg** ass, huet keng **séilesch** Problemer méi,*
- *eng **Fläch** esou grouss wéi Lëtzebuerg geet net an eng **Fläsch**,*
- *een dee **Pech** huet, huet kee **Pesch**,*
- *et ass **wichteg**, datt et **richteg** ausgeschwat gëtt, well et soss **rischtesch** falsch ass,*
- ***d'Nuescht duerschman** ass fir verschiddener ganz **liischt**,*
- ***séscher** bleift et haut ganz **niwwelesch** an absolut net **sonnesch** an de **Mëttesch änlesch** (do schuddert et engem jo),*

- *souwéi eng **Baasch** (une bâche) keng **Baatsch** (un fouet) ass,*
- ***de** Pafendall ass ee fir allemol net **d'**Pafendall (Gebrauch vum falsche Genre),*
- ***Kreep** sinn och keng **Kroper** (de Pluriel schéngt ëmmer méi e Problem ze ginn),*

- *asw.*

Fannt Der dat als Sprooch gutt? Mat enger «dynamescher Sprooch» huet dat näischt ze doen. Wéi een et och elo wëll nennen, dat ass puer Deformatioun oder eng Entgleisung am Gebrauch vun onser Sprooch. Wann de Message net méi kloer vehiculéiert gëtt, hu mer ganz einfach e Problem.

Lauschtert roueg emol an Zukunft gutt no, an da fannt Der all Dag eng Maandel voll där Entgleisungen. Gëtt net nuancéiert, geet d'Bedeitung vu ville Wieder fleeten, an dat wëlle mer jo net.

Do muss een och zu Lëtzebuerg Verantwortung — déi de Poschmann hei an der Introduktioun uschwätzt — iwwerhuelen an et kënnt een net laanscht eng «langue-étalon», e Moossstaf oder e Stuel, un deem ë.a. d'ëffentlech Medien an d'Enseignante sech sollen «inspiréieren». Datt dee Moossstaf kann evoluéieren ass absolut normal, mee dann am positive Sënn, w.e.g. Derniewent wier eng «Eugène Heinen-Figur» als Sprooch-Beoptraagte fir d'Medien den nächste Schrëtt fir d'Aussprooch, d'Intonatioun, de Floss an d'Artikulatioun am A ze behalen, jee, déi berüümten „*Do's and Don'ts*" an der Medie-Sprooch ze identifizéieren an anzegräifen, wou et soll sinn.

Ons Sprooch soll jo liewen, mee net egal wéi.

Jean-André STAMMET

De Reenert Kulturwee zu Wolz

Als Undenken un dem Michel Rodange säi Wierk «Reenert», gouf 2004 zu Wolz e «Monument an e Kulturwee» ageweit.
Eng Realisatioun vun der Actioun Lëtzebuergesch, zesumme mat der Stad Wolz an dem Kulturministère a mat der apaarter Hëllef vum Tourismus-Ministère.

De Lëtzebuerger Professer a Kënschtler Adolphe Deville huet säi gezeechente Projet als éischt a Miniaturen als Maquette ëmgesat an dono zu Verona am Steen a Marber hae gelooss.

Skizzen an Zeechnunge kënnt dir hei gesinn.




WOLZ
+
MICHEL
RODANGE
SITE général de
l'itinéraire culturel
"RODANGE"
"LION"
LOUP
"VILLA"
SIMON
STÈLES
Parking
COLONNE
"ROZANGE"


Plan
de WILTZ
Weidingen
Niederwiltz
Ville Basse
Itinéraire
"Rodange"
Wiltz
Ville Haute
Boullingen


POSITION A:
départ de l'itinéraire culturel
sculpture - stèle - (avec bibeau Gr.
ori Rodange.
Möglichkeit TEXT abzurufen
über Michel RODANGE.
2 Sitzbänke - ZENTRALE
STELE. STein schwarz+gold.
BRONZE - NAMEN VON
GELDGEBERN. /a etc.
OBERER PARKEINGANG
WIESE
1
2
3
4
esquisses
des différents
éléments

idée concrète
du portail symbolique
portant 24 strophes
du REENERT


4
COLONNE (4,50m)
tige : 3,65m
chapiteau : 1,75m
hors-tout : 4,50m
VERSO

②

loup
sur bass.oval

- socle : 12,0 m
- fig. : 1,85 m
- + jeu d'eau
- marbre blanc

mur restauré
14 x 4 m

FAIRE REVIVRE LE SITE – AVEC LE „KULTURWEG"
Michel Rodange



D'Zukunft vum Lëtzebuergeschen

De Guy Kaiser, fréiere Chefredakter vu RTL Radio an haut nach aktiv op senger Websäit guykaiser.lu, huet mam Dr Tom Weidig en Interview gefouert iwwer d'Zukunft vum Lëtzebuergeschen.

Duerch 25 Joer Erfarung am Beräich vun der mathematescher a statistescher Modelléierung bei Versécherungen, Banken a Venture Capital, versteet den Tom Weidig et, Zukunftsprognosen ze maachen.

GK: Tom Weidig, nach ni gouf d'Lëtzebuerger Sprooch esou dacks benotzt wéi haut: SMS, Emailen, sozial Medien… déi modern Welt ass eng kräfteg Ënnerstëtzung fir d'Lëtzebuergescht, an trotzdeem sidd Dir pessimistesch, wat hir Zukunft betrëfft. Firwat?

TW: Ech sinn net averstane mat der Ausso, datt "d'Lëtzebuerger Sprooch nach ni esou dacks benotzt gouf wéi haut." Och wann déi Ausso vu munche Politiker benotzt gëtt, erënnert si mech un d'Schlusszeen aus dem franséische Film La Haine: "C'est l'histoire d'un homme qui tombe d'un immeuble de cinquante étages. Le mec, au fur et à mesure de sa chute, il se répète sans cesse pour se rassurer: jusqu'ici tout va bien, jusqu'ici tout va bien, jusqu'ici tout va bien. Mais l'important n'est pas la chute, c'est l'atterissage ."

Am Moment geet et der geschriwwener lëtzebuergescher Sprooch besser, well méi Lëtzebuerger hir Sprooch schreiwen an net méi Däitsch oder Franséisch. Virun 20 Joer ass eben nach net sou vill geschriwwe gi wéi haut mat den Handyen an E-Mailen. D'Leit hu sech méi telefonéiert an einfach méi geschwat. Haut schwätze mir d'Sprooch manner, well si hir Roll als dominant Alldagssprooch verluer huet, a schreiwen se méi. Ob dat elo an de Geschäfter ass oder mam Handwierker.

GK: Ma da komm mir kucke mol, wéi et der geschwater Sprooch geet. Wéi war hir Situatioun ganz fréier?

TW: Et war déi dominant Alldagssprooch mat liewegen Dialekter am loutréngesche Grenzgebitt, am Areler Land, an op der däitscher Säit vun der Musel, an natierlech hei zu Lëtzebuerg. D'Sprooch ass haut quasi ausgestuerwen zu Arel an Diddenuewen, wou virun 100 Joer nach jidderee Lëtzebuergesch geschwat huet, an haut nach vläicht 1%. Hir sproochlech Identitéit ass fir ëmmer verluer. Dialekter zu Lëtzebuerg sinn och quasi ausgestuerwen. Wie schwätzt dann nach richteg Miseler oder Eechternoacher? Just am Éislek hält sech den Dialekt nach e bësselchen.

GK: A wéi steet et mat der dominanter Alldagssprooch zu Lëtzebuerg?

TW: Lëtzebuergesch ass verdrängt gi vum Franséischen a ville

Gebitter vum Alldagsliewen, wéi an de Geschäfter an an der Privatindustrie, an zemools an der Stad an am Süden, wou se nach virun 30 Joer déi dominant Sprooch war. Dat huet jo den Alain Atten och schonn um RTL Radio gesot.

Eng Sprooch iwwerlieft nëmmen, wann se vun enger grousser Majoritéit vun der Bevëlkerung esou gutt geschwat a geschätzt gëtt, datt si se hire Kanner weider ginn.

GK: An do ass dann enges Daags eis Sprooch vir bäi an hanne widder. D'Zuel vun de Leit, déi d'Lëtzebuergescht schwätzen, klëmmt wuel, ma vill manner séier ewéi d'Zuel vun deenen, déi eng auslännesch Sprooch schwätzen, also an der Haaptsaach Franséisch oder Englesch.

TW: Ech sinn net averstanen, datt d'Zuel vun de Leit, déi Lëtzebuergesch schwätzen, laangfristeg signifikant an d'Luucht gaangen ass. Éischtens ass eis Sprooch an de Grenzgebitter zu Lëtzebuerg verluer gaangen, bestëmmt 100.000 Mammesproochler manner. Déi Joerhonnertenal Sproochegrenz, déi een nach an de Bicher fënnt, ass bis op eis Grenz komm. Zweetens, däerf een net déi absolutt Gréisst kucken, mä déi Leit déi Lëtzebuergesch esou gutt kënnen, datt si et hire Kanner als Mammesprooch weider ginn. Jiddwer Lëtzebuerger kann och e bëssen Englesch, mee d'Englescht géif trotzdeem ausstierwen, wa mir déi Eenzeg wären, déi Englesch kéinten.

Et ass richteg, datt d'Zuel an de leschte Joere warscheinlech geklommen ass wéinst der Immigratioun. Mee et ass en Denkfeeler, en absolutten Zouwuess als Beweis fir d'Stäerkt vun der Sprooch ze huelen! Am Géigendeel!

A komplexe Systemer ass et dacks esou, datt et e Blow-up-before-a-collapse Phenomen gëtt. D'Dynamik ännert sech an et kann temporär zu engem Zouwuess komme virum Kollaps. Zum Beispill: D'Sonn wäert vill méi grouss ginn, éiér si da kollabéiert. E Mënsch, deen erdrénkt, huet ni esou vill Energie wéi kuerz virum Doud. Eng Diktatur mécht nach eng grouss Parad, éier si ënnergeet.

Hei en einfacht Beispill fir eng Sprooch: 100.000 Lëtzebuerger liewen op enger verloossener Insel. Wa mir der 50.000 ëmbrénge géifen, dann hätt sech d'Zuel ëm 50% verklengert an trotzdeem wär d'Sprooch staark a net bedrot, well 100% se schwätzen. Déi absolutt Zuel ass hei net déi relevant Gréisst. Dofir steet och an de Critère vun der UNESCO, datt d'Proportioun an der Bevëlkerung e wichtege Faktor ass, ob eng Sprooch iwwerlieft oder net.

GK: Souguer e Klamme vun deenen, déi Lëtzebuergesch schwätzen, kann e schlecht Zeeche sinn. Ass dat net absurd?

TW: Neen, komm mir setzen elo 50.000 Fransousen op déi verloossen Insel zesumme mat de 50.000 Lëtzebuerger. Wat passéiert?

Éischtens, well 20% vun de Fransouse grouss Sproochtalenter sinn, léiere si Lëtzebuergesch. Dat heescht 10.000 Leit weider kënne Lëtzebuergesch. D'Zuel ass vun 50.000 op 60.000 eropgaangen. Iwwerlieft elo d'Sprooch, well der méi se schwätzen?

Neen! Éischtens, ginn déi 10.000 Fransousen déi Lëtzebuerger Sprooch net weider un hir Kanner. Zweetens, Franséisch gëtt déi dominant Alldagssprooch fir d'Insulaner, well jo d'Lëtzebuerger och Franséisch kënnen. A 75% vun de Gespréicher gëtt Franséisch geschwat, also ënnert de Fransousen an tëschent de Fransousen a Lëtzebuerger. An och a gemëschte Koppele wäerten se éischter Franséisch schwätze mat de Kanner. D'Resultat: Obwuel der méi Lëtzebuergesch kënnen, stierft d'Lëtzebuergescht lues a lues aus, well et ëmmer méi franséisch Mammesproochler ginn!

Wann also ee seet: d'Zuel geet erop duerch Migratioun, an net duerch méi Gebuerten, dat ass e schlecht Zeechen. Zanter d'Franken viru 1500 Joer an eis Regioun komm sinn an hir Sprooch matbruecht hunn, war et net néideg eppes ze maachen. Wann elo also gefuerdert gëtt: et muss eppes gemaach ginn, dann ass e Probleem do.

A mir däerfen d'Demographie net vergiessen. Wann eis Gebuerterat vun 1,2 Kanner pro Fra unhält, géif sech d'Zuel vun de Mammesproochler em 50% reduzéieren.

GK: An anere Wieder: Op laang Siicht gekuckt, ass eis Sprooch condamnéiert. Gëtt se da wierklech vum Franséischen iwwerholl oder net awer villäicht vum Däitschen? Et wunnen zwar méi Francophonen am Land ewéi Germanophonen; ma déi zwou Sprooche leien no beieneen.

TW: Jo, warscheinlech ass eis Sprooch condamnéiert, mee ech sinn och keen Hellseher. Ech soe just wat fir eng staark Dynamik do um Wierk ass, déi extreem schwéier ze briechen ass, zemools duerch déi staark Immigratioun, wou mir bal bei 50% Auslännertaux leien. Bei 20% huet eis Sprooch dat nach gestemmt an den achzeger Joere fir Net-Mammesproochler sproochlech ze integréieren, ma kaum nach haut bei 50%.

Mee et gëtt och eng Géigendynamik. Am Géigesaz zum Elsass hu mir Gott sei Dank eisen Nationalstaat. D'Elsässer haten déi Chance net, si konnten hir Sprooch net schützen, a si vum Zentralismus iwwerrullt ginn. Si sinn elo net mol méi en Departement, mee Deel vum Grand Est!

Mir konnten d'Stäipe fir eis Sprooch institutionaliséieren duerch d'Sproochegesetz vun 1984, wat de grousse Verdéngscht vun der Actioun Lëtzebuergesch an dem Lex Roth ass. Mir hu lo de Conseil fir d'Lëtzebuerger Sprooch, de Sproochecommissaire an och den Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch. A virun allem hu mir de Lëtzebuergesche Schoulsystem, wou d'Lëtzebuergescht déi dominant Sprooch ass a wou d'Net-Mammesproochler Lëtze-

buergesch gutt leieren. Leider ass do och eng negativ Entwécklung komm duerch d'Liberaliséierung vum Schoulsystem, déi franséischsproocheg Précocen a franséisch Coursen an der Spillschoul, wouduerch de Kanner eng wichteg Chance fir sech sproochlech ze integréieren ewechgeholl gëtt.

Am Moment gesäit et aus, wéi wann d'Franséischt géif gewannen, mee d'Englescht ass net ze ënnerschätzen. Däitsch gëtt definitiv manner benotzt, wat e kloren Nodeel ass fir äis, well et definitiv déi grouss Sprooch ass, déi Lëtzebuerger am beschte kënnen, well déi zwou Sproochen no beienee leien.

An domadder soen ech Merci fir dat Gespréich!

Bei deem Nowuess feiert d'Actioun Lëtzebuergesch och nach hir 100 Joer!

ACTIOUN
LËTZEBUERGESCH

EIS SPROOCH

20, Conter Strooss • L-5955 Izeg
(+352) 47 06 12
actioun@letzebuergesch.lu
www.letzebuergesch.lu

Vereenegung ouni Gewënnzweck